| 88 | B | <p>Also, ech denken, dass de an anere Gemenge villäicht aner Ressourcen hues, mee. Mir si lo hei jo elo nach gutt ewech komm mat deem Fernseh do.</p> <p>Ech weess elo net wéi et geet wa mir eriwwer ginn, mee de Reseau hu mir och net ëmmer garantéiert.</p> | |

| | | | |
|----|---|---|-------------------|
| 89 | I | Jo, dat ass mir och schon opgefall. | |
| 90 | B | Dat ass awer wierklech e Problem, gell. | |
| 91 | I | Jo, dass deen heiansdo fortgeet, jo. | |
| 92 | B | <p>An dann hues de eng ganz Klass do setzen, déi domat rechne fir e Spill ze spillen an da geet dat net.</p> <p>Wat ech mol mat hinnen elo gemaach hunn, dat war den „Anton“. Ass jo lo sou gesinn net wierklech e Spill, mee du kanns jo déi Mënz sammelen a mat deene Mënz kanns de e Spill spillen.</p> <p>Dat ass dann och erëm dee Motivationsfacteur mat dran.</p> <p>Dat ass fir mech dann och nach okay. Awer vill méi wäit géing ech och elo net goen.</p> | <p>O</p> <p>P</p> |
| 93 | I | Mais ass et dann awer, dass et un sech vun der Direktioun awer gefërdert gëtt fir dat elo méi ze maachen oder ass dat elo eigentlech? / | |
| 94 | B | <p>Also ech kann elo net soen, dass ech do en Ënnerscheid géing mierken. Also, wann ech elo géing soen „ech maache gär sou e Projet“ jo dann eventuell.</p> <p>Oder wa mir et géingen an de PDS huelen, mee soss.</p> <p>Direktioun mëscht sech do eigentlech net an.</p> <p>Ech kann och elo net soen, dass iergendeen seet „dir musst dat méi benotzen, mir hunn déi ganz iPaden hei fir d‘Schoul“.</p> <p>Awer mir kréien och do net gesot mir mussen sou oft domat schaffen oder sou.</p> | L |

| | | | |
|-----|---|---|---|
| 95 | I | Okay. | |
| 96 | B | <p>Mir kréie jo elo e bëssen vum Ministère gesot hei mir mussen eis méi mam Coding beschäftegen.</p> <p>Mais dat mëss de dann och net onbedéngt just mat Spiller.</p> <p>Du hues e puer Méiglechkeeten, awer och net nëmmen.</p> <p>Mee fir de Rescht.</p> | |
| 97 | I | Okay. | |
| 98 | B | Du bass, wann s du et wëlls maachen, kanns du dech komplett dodra lancéieren. Du kanns däi ganzen Unterrecht esou opbauen, wann s de wëlls. | |
| 99 | I | Jo. An wéi ass et dann esou allgemeng am Kollegium ugesi fir dat Ganzt iwwerhaupt mat esou Spiller ze maachen? Ass dat éischer, dass dat elo weider net ugeschwat gött oder éischer / | |
| 100 | B | Gett éischer manner ugeschwat. Also, ech menge mir si wierklech nach eng ganz al -moudesch Schoul, wou elo kee grouss oppen ass fir Neies. | L |
| 101 | I | Okay. | |
| 102 | B | <p>Dat ass och e bëssen e Problem, well mir sinn och eng vun deenen eenzege Schoulen hei zu Y, déi nach e Computersall hunn.</p> <p>Well verschidde Leit eben och doru festhalen. Aner Schoule schaffe quasi just nach mat Tablets. Eng Aarbechskolleegin wat virdrun hei war, ass elo op Y</p> | L |

| | | | |
|-----|---|---|----------------------------|
| | | <p>gewiesselt. Si hunn déi interaktiv Tafelen. Hatt schafft alles um Tablet an hatt projezéiert dat dann op déi interaktiv Tafel. Hatt schreift guer näischt méi op eng klassesch Tafel.</p> <p>Dat ass da fir mech eng ganz aner Welt. Also hei ass wierklech nach dee klassesche Modell éischer. Wou ech mir soen, ech sinn och elo eent, t'ass mir eigentlech egal. Wann ech elo géing an eng Gemeng kommen, wou dat gefrot gëtt, da géing ech mech natierlech do era schaffen.</p> <p>Mee vue dass hei elo de Besoin net grouss geschriww gëtt, soen ech mir.</p> <p>Vue datt déi technesch Moyen'en net onbedéngt gi sinn, hunn ech och keng Loscht mech do eran ze schaffen. Wierklech net.</p> | <p>M</p> <p>L</p> <p>P</p> |
| 103 | I | Dat heescht, elo de Fall gesat, wann elo alles technesch géif funktionéieren sou wéi een sech et wënscht, kéints de dir virstellen, dass de et méi oft géifs uwenden? | |
| 104 | B | Mat Ënnerstëtzung vun engem ICN kéint ech mir virstellen dat ze maachen. Mee einfach esou. Jo, ech weess net. Dach. Eventuell. Mee. Ech misst mengen ech méi schonn nach dat Ganzt am schouleschen Kader gesinn. | |
| 105 | I | Jo. Jo, okay. | |
| 106 | B | Weess de wéi elo wann s de sees fir „Minecraft“ mat an den Unterrecht bréngen, da muss ech jo meng eegen Iddien hunn, wéi ech dat elo well maachen an. | |
| 107 | I | Jo, wat Zieler hannendrun solle sinn, wat de gär häss, dass d'Schüler mat ewech droen. | |

| | | | |
|-----|---|---|---|
| 108 | B | Well dat hu mir dann och an de Coure gesinn, mee ech menge wat ass elo däin Ziel? Dass d’Kand weess wéi et mat deem Spill ëmgeet oder dass et wierklech e schouleschen Inhalt léiert? | O |
| 109 | I | Voilà. | |
| 110 | B | An dat ass e bësse schwiereg fir de Fokus dorop ze riichten och bei de Kanner. Ech weess et net. Ech sinn un sech wierklech hin an hier gerappt, also. Ech denke wann ech elo een hätt, dee gesot huet „hei ech hunn dat doten gemaach. Wëlls de dat eng Kéier probéieren?“ da géing ech soen „jo“. Mee wann et heescht „maach du dat elo selwer“. Nee. | P |
| 111 | I | Dat heescht un sech mat deene Spiller wous du elo sou kenns a wous de Bescheed weess, fënns de de Lien schwéier fir tëscht dem Plan d’Études hierzestellen? | |
| 112 | B | Jo. Also schon. Ausser elo wéi gesot déi „Anton“-App. Do kanns du jo deng schoulesch Contenue carrement wielen. An da spillen si déi Spiller, also si maachen déi Aufgaben an si sammelen déi Mënz fir d’Spiller ze spillen. Mee dat ass fir mech net dat selwecht. T’ass un sech just, dass de dat wats de normalerweis géings am Schrëftlechen op Blieder maachen, mëss de halt um Tablet. An als Belounung amplaz dass de elo, ech soen elo, e Stär oder e Stéck Schockela kriss, kriss de déi Mënz an du kanns domadder herno spillen. Also wa mir fäerdeg si mat enger Aufgab, kënnen se sech roueg beschäftegen an do e Spill spillen. | |

| | | | |
|-----|---|--|---|
| | | Ass dat selwecht analog, iergendwou. Well t'ass net dass de am Spill eppes léiers. D'Aufgab just um Tablet, mee. | |
| 113 | I | T'ass elo net, wéi zum Beispill, et gëtt jo och vun "Assassin's Creed" do déi historesch pädagogesch Versioun. / | |
| 114 | B | Okay, wosst ech mol net. | |
| 115 | I | Wou een da kann, jo un sech eng Epoch entdecken an deem een d'Spill spillt awer ouni dass déi ganz Gewalt-Saache mat dra sinn. Also t'ass wierklech just kucke goen, Informatiounen kréien. | |
| 116 | B | Jo. Dat zum Beispill ass cool, mee dat gesinn ech net an der Schoul. Dat soen ech ass flott fir Doheem. Hei géings de et jo da quasi am Geschichtsunterricht maachen. An dann wéi mëss de dat mat 16 Kanner? Trëppels du doduerch a si gesinn dat oder, weess de. Ech stelle mir dat wierklech schwierig fir. | ○ |
| 117 | I | Jo, organisatoresch? | |
| 118 | B | Jo. | |
| 119 | I | Jo. An dann och wéi eventuell wéi géifs de dat wats de se jo dann am Spill geléiert hunn, also duerch d'Spill léieren, wéi féiers de dat viru fir ze kucken. Hunn se doduerch elo eppes bäigeléiert / | |
| 120 | B | Genau. Hunn se et wierklech verstanen. | |

| | | | |
|-----|---|---|---|
| 121 | I | Jo. | |
| 122 | B | Oder hunn se dat just duerchgeklickt fir d'Spill fäerdeg ze kréien. | |
| 123 | I | <p>Jo. Okay.</p> <p>Also mir hate jo schon, dass de elo och éischer énnert anerem wéint de Ressourcen an och wéi Mentalitéit vun der Schoul vum Kollegium e bëssen ass, dass et éischer manner digital ass.</p> <p>Ass et dann och esou, dass wann ee lo géif probéiere wëllen, dass iergend een aneren engem dat géif ausrieden, also dass sou, ech weess net, eppes wéi eng Iwwerzeegung am Kollegium ass vun „nee maache mir net, well t'ass souguer vläit schlecht“?</p> | |
| 124 | B | <p>Ech denken dat elo eigentlech net. Ech menge wann ech elo decidéieren, dass ech dat mat menger Klass well maachen, dann ass dat mir iwverlooss. Mais wann ech awer elo géing soen ech bréngen dat elo mat an de Cycle. Weess ech awer och elo scho wie géing soen „du spënnst. Dat maache mir net. Dat maachen ech net“.</p> <p>Anerer géinge soen „woah cool ech maachen dat och“.</p> <p>Mee, jo.</p> <p>Mir haten een dengen hate mir lescht Joer geschéckt kritt, dat ass „Lucilin“. Dat ass eigentlech, dat ass wierklech cool an dat kanns de dir och vläit notéiere fir dech. Dat ass e Spill iwver Lëtzebuerg. An dat war un sech sou eng Testphas an do konnte mir eis dann och aloggen an dann hues de déi ganz Lëtzebuerger Mapp mat sou Wolleken. An du muss Schrëtt fir Schrëtt d'Géigende fräischalten. Do muss de och Froe beäntweren, Puzzle maachen an esou, sou t'ass de</p> | L |

| | | | |
|-----|---|---|---|
| | | <p>d’Lëtzerbuerger Land un sech solls e bësse kenne léieren. Ech hat dat dunn eben an der Geo gemaach an dat war un sech relativ flott. Mais och do, et huet erëm d’Hallschent nëmme funktionéiert, do waren nach Bucks dran, weess de dat war net komplett evaluéiert.</p> <p>Mais ech hunn et awer flott fonnt vun der Iddie hier.</p> <p>An dunn hunn ech probéiert dann och aner Leit e bësse unzestiechen an ze soen „hei probéier dat vläit eng Kéier“. „Jo nee wat ass dat da fir e Blödsinn, dat maache mir net“.</p> | L |
| 125 | I | Okay. | |
| 126 | B | <p>Doduerch, also ech mengen, wann s du elo wierklech iwwerzeescht bass vun eppes an du wëlls dat maachen, da mëss de et. An da léis de dech och net beaflossen.</p> <p>Mee wann s de scho selwer elo net mega motivéiert bass an dann hues de nach esou e Feedback. Jo da léis de et vläit och selwer sinn.</p> | P |
| 127 | I | Okay. | |
| 128 | B | Ech hunn och elo dëst Joer zum Beispill net méi dru geduecht a wa mir dat hei elo net gemaach hätten, da wier et mir och net méi agefall. Dass ech dat eigentlech nach kéint maachen. Dat heescht et ass net fest a mengem Kapp dran, dass ech dat well era bréngen. | |
| 129 | I | Jo. Okay. Mais du sees awer wann elo ee muer zu dir géif soen „hei maach elo effektiv mat engem digitale Spill eng Eenheet“ géifs de dech selwer kompetent genuch mat deene ganzen digitale Saache gesi fir ze soen „okay. Jo, kann ech maachen“? | |

| | | | |
|-----|---|--|-----------------------|
| 130 | B | Fir selwer eppes ze kreéieren net. Wann s du mir sees „déi App do ass gutt, probéier déi“, dat maachen ech. Awer ech maachen net selwer eppes, dat kréien ech net hin. Do sinn ech wierklech net gutt genuch dran. | <input type="radio"/> |
| 131 | I | Okay. | |
| 132 | B | Wéi hei mat deem „Lucilin“-Spill, do hu mir carrement e Link geschéckt kritt. Wou ech mech dunn eng Kéier Doheem kuerz dohi gesat hunn a mech do era geschafft hunn, awer dat war et dann och, gell. Mee wa si elo gesot hätten „hei probéier selwer esou e Spill ze maachen“, dat. Vun den Iddeen hier och, also. | |
| 133 | I | An wéi virdru schonn gesot d'Kompatibilitéit mam Plan d'Études? | |
| 134 | B | Genau. | |
| 135 | I | Do ass et och erëm schwéier, okay. | |
| 136 | B | Jo. Also fir d'Niewefächer ass et jo e bësse méi fräi. Mee fir d'Haaptfächer gesinn ech mech guer net do eppes maachen. | <input type="radio"/> |
| 137 | I | Mee mierks de dann iergendwéi, dass wann s de elo wéi mam „Anton“ awer mat de Kanner mëss, dass iergendwéi si méi motivéiert si fir ze léieren oder, dass doduerch elo eppes méi verstanen gëtt, besser verstanen gëtt? | |

| | | | |
|-----|---|---|---|
| 138 | B | Also ech hat hinnen den „Anton“ ganz am Ufank vum Joer gemaacht an ech hunn hinne sämtlech Contenuen drop gesat, wou ech fonnt hunn, dass se interessant wiere fir si, och elo en vue vun den Epreuven. An ech gesi jo, wie gespillt huet an Doheem huet kee gespillt. | |
| 139 | I | Okay. | |
| 140 | B | Respektiv, dann zwee, dräi motivéiert Schüler, wous de dir och näischt aneres erwaarts. Déi hunn et da gemaach an all déi aner net. An wann ech dann hei, et an der Schoul gemaach hunn, jo dann hunn se halt gespillt. Mee du gesäis awer. Well et halt kee wierklecht Spill ass. Du méss déi Aufgab halt ebe just um Tablet, du sammels déi Mënz. An dann ass ëmmer „Joffer wéi laang dierfe mir dann? Wéi laang musse mir? A wéini kënnen mir spillen?“. Well ech hunn dat dann och blockéiert, gell. T'ass net, dass de Mënz hues an dann dierfs de direkt spillen. Nee, dat war schonn 40 Minutte blockéiert, dass de 40 Minutte wierklech muss schaffen an dono dierfs de spillen. Jo dat huet verschidde Leit dann awer schonn net gefall. | |
| 141 | I | Okay. Ja. | |
| 142 | B | Dat heescht net onbedéngt. Also dat mat Lëtzebuerg do, dat hunn ech lescht Joer als Surnuméraire an enger anerer Klass gemaach. Déi hunn dat relativ flott fonnt. Woubäi dat och just am Ufank war. An iergendwann haten se och keng Loscht méi. Well se gemierkt hunn, dass et eigentlech awer just drëms geet Froen iwwer Lëtzebuerg ze beäntwerten an do waren och deelweis | J |

| | | | |
|-----|---|--|---|
| | | méi schwéier Saachen dobäi. Dat huet se dunn net méi interesséiert. | |
| 143 | I | Ja, okay. | |
| 144 | B | Dat heescht, t'ass selwecht wéi mat allem. Wann si sech dofir interesséiere jo, mee da kriss de se och anescht. Dofir brauchts de net onbedéngt en Tablet. | |
| 145 | I | Ja. Okay. An wat sinn dann elo sou aner pädagogesch oder methodesch Usätz, wous du elo gär hues? Wous du och regelméisseg ëmsetz, wéi ech soen elo, et gi jo Schoulen déi Team-Teaching maachen oder Klassen déi soen „hei ech fannen Team-Teaching mega flott, komm mir maachen dat zesummen“? | |
| 146 | B | Dat hu mir elo hei manner. Mir funktionéieren elo als Equipe ganz gutt. Déi 4 6. Schouljoren. Dat heescht mir setzen eis och wierklech zesummen a mir probéieren, dass mir eis géigesäiteg och iwver Waasser halen, well et awer vill ass. Mir deelen eist Material. Oder wann een eppes Flottes fonnt huet, wéi elo fir Ouschteren, also ech hat et fir Chrëschttag scho gemaach, elo maachen ech et fir Ouschteren erëm, sou en Escape-Spill. Wou mir dann, ech soen op „Eduki“ zum Beispill kanns kafen. T'ass ech dann éischer esou Saache maachen. Dat sinn och schoulesch Inhalter, t'ass och a Form vun engem Spill, mee halt net digital. Esou Saache maache mir dann. T'ass mir esou Spiller. Jo. Ech weess elo net ob dat an deng dengen do passt, mee wa mir. Sie sammeln hei Stären. Als Klass. An da virun enger Vakanz bleiwe mir iwwert d'Mëttesstonn hei. Eng Kéier hu mir Pizza bestallt. Eng Kéier hu mir Panescher gemaach. Sou eppes | M |

| | | | |
|-----|---|--|---|
| | | fannen ech perséinlech wichteg. De Kontakt mat de Kanner ze hunn. Fir si och anescht kennen ze léieren. | M |
| 147 | I | Dat heescht esou spill-baséierend Methodik, ass awer schonn eppes wats de am Alldag un sech uwents? | |
| 148 | B | Jo. | |
| 149 | B | Jo, well och déi Stären. Dat ass jo iergendwou. | |
| 150 | I | T'ass Gamification eigentlech. | |
| 151 | B | Genau. Sie sammeln als Klass Stären a si sammeln awer och eenzel Stären, wou se och nach ëmmer dierfen an eng Schatzkëscht goen. Wat och an engem sechste Schouljoer ëmmer nach zitt. Also dat ass net just bei deene Klengen. Mais dat muss een ëmmer op d'Klass kucken, gell. Wéi du hues och Klasse wou dat sécherlech net funktionéiert. Dat heescht, wann s de als Klass muss Stäre sammeln an du hues ëmmer déi selwecht déi der et versch***en, da geet dat net, gell. Dann ass d'Klass herno méi getrennt wéi dass se sollen zesummen halen. | M |
| 152 | I | Jo do hat ech och eng Kéier eng Versioun gesinn, dass d'Kanner un sech eenzel Stäre sammeln an dass se da kennen decidéieren „leeë mir déi elo an de grouse Pot vun der Klass oder halen ech se fir mech?“. | |
| 153 | B | Jo, genau. Bon dat kennen si elo maachen. Wéi dëst Kéier gëtt et relativ knapp fir op hier Unzuel ze kommen. An dann dierfen se hier Stären opfere fir dat doten opzefëlle fir kennen als Klass dann hei ze | M |

| | | | |
|-----|---|---|-------------------------------------|
| | | bleiwen. Sie sinn awer do ganz spendabel. Also si maachen dat wierklech gär. Wat se net wëssen, dëst Kéier beim Escape-Room ass dann, si Stären an der Këscht. Dann hunn se déi sou matverdéngt. | |
| 154 | I | An dann un sech schonn zum Ofschloss. Wat ass, also denks de dass dat Ganzt mat digital Spiller, Videospiller an der Schoul notzen Zukunft huet? A wa jo, wat muss un sech geschéie fir dass et Zukunft kann hunn? | |
| 155 | B | Also fir dass et Zukunft kann hu mengen ech muss all Schoul am Land mol equipéiert sinn. An ech fannen dass et déi Gemengen-Ënnerscheeder einfach an deem Sënn net dierf ginn. Et kann net sinn, dass eng Gemeng sou vill Budget dofir huet an eng aner muss alles zesumme krazen an iwwe Jore fléiwe fir eppes ze kréien. De Reseau muss garantéiert sinn. Also wéi gesot, déi strukturell Saachen, dat muss scho mol klappen. An dann, dat klenzt zwar vläit elo béis, mee am Allgemenge, mengen ech, muss en Ëmdenke kommen. Vun der Generatioun dann och dee Moment. Dat heescht méi eng jonk, dynamesch Generatioun gesäit dat vläit scho ganz anescht. Ech kann dir elo e Beispill ginn, wa mir erop plënnenen, hu mir digital Tafelen. An do hunn der och elo scho gesot „ech hunn dat ni gefrot, ech wollt dat ni hunn“. Ech hunn se och net gefrot, ech wollt se eigentlech och net hunn, mee elo kréien ech se. Dann wäert ech mech och domat ausernee setzen an dann herno fannen ech dat bestëmmt och flott. Mee elo soen ech mir „Alt nach eppes wou ech mech muss eraschaffen“, weess de. Mee, jo. Also ech. Zukunft, jo. Ech weess et net. T’ass schwéier soen. Ech fannen dass dat awer, also | <p>N</p> <p>N</p> <p>L</p> <p>P</p> |

| | | | |
|-----|---|--|--|
| | | <p>d'Schoul soll awer iergendwou Spaass maachen, mee et soll awer och net alles e Spill sinn. Du dierfs den Eescht awer och net vergiessen an. Wéi gesot, also ech hunn elo net fonnt, dass wann ech mol esou Saache gemaach hunn, dass déi Begeeschterung laang ugehalen huet. T'ass dann am Ufank dee well et eppes Neies ass, ech mengen dat huet den Här Y iech jo och scho gesot, dass dat deen Neiheet-Effekt do ass an dat kléngt och séier of. An da schaffen si herno normal domat. Mee ech hunn och elo, ech weess, dass si hei am Lycée, hunn se alleguer en Tablet, deen se zur Verfügung gestallt kréien. An do si ganz vill Cours'en déi do driwwer funktionéieren. Dat heescht fir si gëtt et herno normal en iPad ze hunn. An ech menge just, dass et am Fondamental einfach nach net esou ukomm ass. Mais et kennt warscheinlech och iergendwann.</p> | |
| 156 | I | <p>Jo. Okay. Dann wiere mir eigentlech schonn um Enn vum Interview ukomm.</p> | |
| 157 | B | <p>Okay.</p> | |
| 158 | I | <p>Ech soen dir villmools Merci fir deng Zäit a fir dat interessant Gespréich.</p> | |

| Transkript B – Lehrperson B | | | Kategorien |
|-----------------------------|---|--|------------|
| 1 | I | Gudde Moien. | |
| 2 | B | Moien. | |
| 3 | I | Ech wollt an engem éischten Aspekt mol eng Kéier Merci soen, dass de dir déi Zäit hëls an och den Interesse weis fir un dësem Interview Deel ze huelen. | |
| 4 | B | Gär geschitt. | |
| 5 | I | An da géif ech och scho mat der éischer Fro ufänken, also un sech an den Interview starten an dech froen, ob de dech eng Kéier kuerz kéints virstellen, wéi al dass de bass an a wéi engem Cycle, dass de de Moment schafft? | |
| 6 | B | Majo ech si X. Ech si 47 Joer al an ech schaffen zu Y am Cycle 2.1. | A |
| 7 | I | Okay. An hues du nach ëmmer am Cycle 2.1 geschafft oder hues du virdrun och schonn an anere Cycle geschafft? | |
| 8 | B | Nee, also ech hat ëmmer de Cycle 2. Also 2.1, 2.2. | A |
| 9 | I | An wéi laang schaffts du schonn? | |
| 10 | B | Wart wéini hunn ech ugefaangen. Ech hunn 1998 ugefaange mat schaffen. Ech hat awer eng Paus. Also ech hunn do bis 2006 geschafft an dann hat ech | A |

| | | | |
|----|---|---|---|
| | | 17 Joer Congé sans solde. An ech hunn elo dëse September erëm ugefaangen. | |
| 11 | I | Okay. | |
| 12 | B | Also ech hunn deemools dat néngt Joer knapps ugefaange gehat a voilà. An elo ab dësem September dann erëm. | |
| 13 | I | Okay. An du hues nach ëmmer zu Y geschafft oder hues du virdrun och schonn an anere Gemengen oder an anere Schoule geschafft? | |
| 14 | B | Nee, ëmmer zu Y. Also déi Joren, déi ech geschafft hunn, war ëmmer zu Y. Deemools um Z an eben elo am Z. | |
| 15 | I | Okay. Dann géife mir zu der Fro eigentlech kommen. Wourunner denks du, wann s du de Begrëff "Digital Game-Based Learning" héiers? Also fir et och am däitschen auszedrücken „Digital spielendes Lernen“. | |
| 16 | B | Do denken ech un sech un Elektronik, all méiglech Computer, Laptop, Handyen, wat et alles gött. An un „Applications“, also Apps fir Kanner, wou se ebe kënne Spiller eroflueden, awer edukativ Spiller, mat deenen se kënne sief et rechnen oder liesen oder Sprooche wéi den „Anton“ oder „Blitzrechnen“, wat mir alt hunn. An do ginn et jo nach ganz ganz vill aner Apps wou si kennen op spilleresch Aart a Weis léieren. | B |

| | | | |
|----|---|---|---|
| 17 | I | An wéi géifs du dat un sech definéieren elo ze soen digital spillend Léieren, also wann s de dat elo an der Klass géifs ëmsetzen? Wéi géifs de dee Prozess definéieren eigentlech? | |
| 18 | B | Dat géif mol viraussetzen, dass all Kand iergendwéi e Medium huet. Sief et en iPad oder e Computer, wou se dann och un sech, sief et parallel mateneen alleguer déi selwecht App maachen oder, do kann ee jo och differenzéieren. Sou huet een déi eng Grupp, déi kréien eben eppes am Däitschen, déi aner eppes am Franséischen, wou ech hinnen dann op si ofgestëmmt Apps installéieren an opmaachen. Awer ech stelle mir dat ganz schwierig fir. | ○ |
| 19 | I | Ma ech hunn elo an der Recherche fir meng Bacheloraarbecht eben och allméiglech Definitioune vu wat ass digital spillend Léieren eigentlech eraus gesicht. A sou wéis du elo schonn e bësse gesot hues, et ass un sech, dass et Spiller sinn, déi an engem didaktesche Kontext stattfannen ënner Begleitung vun enger pädagogescher Léierpersoun zum Beispill. An, dass et ebe Léiere mat an duerch sief et Computerspiller oder Videospiller sinn, déi fir de Léier- beziungsweis Bildungsprozess benotzbar gemaach ginn. Also ech wollt déi Definitioune och just eng Kéier sou mat dir deelen, wéi ech et am Kader vu menge Recherchë verstanen hunn, einfach, dass mir déi Definitioune als Basis och elo fir de Rescht vum Interview einfach kennen zesumme benotzen. Ausser du hues elo nach Aspekter, wous du där Definitioune elo wéilts bäifügen? Déi fir dech méi | |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | selbstverständlich sinn, wat dozou gehéiert, wéi een dat kéint definéieren? | |
| 20 | B | Nee. Alles gutt. | |
| 21 | I | Nee? Okay. Dann géif ech dech froen, obs du selwer Erfahrung mat Videospiller hues? Sief et Computerspiller oder ob iergendwelleche Konsolen oder soss welchë Medien? | |
| 22 | B | Also ech perséinlech elo? | |
| 23 | I | Jo. | |
| 24 | B | Also ganz ganz wéineg. Dat eenzeg wat ech mol gespillt hunn um Handy, ass sou „Pokémon Go“. Oder fréier sou, keng Anung, „Wo ist mein Wasser?“ Awer wierklech ganz, ech spille ganz ganz wéineg. Ech si keen esou e Gamer. Ech hu léiwer richteg Spiller mat Würfelen a Kaarten. Dofir ech sinn elo net deen, deen do vill mëscht. | C |
| 25 | I | Okay. Jo do hu mer dann elo schonn eigentlech déi nächst Fro mat „Wat hues de selwer scho gespillt“ scho beäntwert. | |
| 26 | B | Okay, pardon. | |
| 27 | I | Nee, nee, nee guer kee Problem. | |
| 28 | I | An dann d'Fro: Hues du selwer Kanner? | |

| | | | |
|----|---|---|--------|
| 29 | B | Jo. 2 Stéck. | A |
| 30 | I | An wéi stees du eigentlech zu hirem Konsum vu Videospiller? Also wann si da Videospiller konsuméieren. | |
| 31 | B | Also d'Meedchen dat ass 17 Joer. Dat spillt guer keng Videospiller. Do war keng Diskussioun. De Jong, deen ass 14 an dee spillt ganz vill Videospiller. An mengen Ae vill ze vill. An jo, mee t'ass schwéier dat ze reduzéieren. Bon hie spillt dann och Saachen, also. Wéi heescht dat eent. „Ball Stars“ a „Clash Royale“. Dat ass un sech e Kaartespill wou een och muss halt clever spillen an sou. Also e spillt keng Krich-Spiller oder Schéiss-Spiller. Dofir. Mee och, wann en elo keng sou Krich-Spiller spillt oder Schéiss-Spiller, kéint en a mengen Aen ëmmer nach manner spillen. Mee bon. T'ass schwierereg. | D D |
| 32 | I | An aus wat fir engem Aspekt eraus, sees du un sech dass e manner kéint spillen? Also elo aus dengem Empfannen eraus, dass de dat sees? | |
| 33 | B | Ma well ech fannen, e kéint méi eraus goen, iergendwéi. Bon en huet och Hobbyen, wéi Tennis an sou, mee ech fannen einfach. E kennt aus der Schoul Heem, da geet en an seng Kummer, e spillt dann och iergendwéi zesummen iwver „WhatsApp“ oder online mat aneren zesummen. Mee wat mech e bésse stéiert ass, jiddereen hockt a senger Kummer eigentlech Doheem an et ass net méi dat gemeinsaamt schéint Spille wéi soss. Well et relativ isoléiert stattfënnt a jiddereen a sengem Raum. An dat fannen | D |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | ech e bësse schued an dat stéiert mech e bësse bei deem Ganzen. | |
| 34 | I | Okay. Jo. Wann mir et elo op deng Schüler bezéien. Hues du schonn iergendwéi matkritt, dass och deng Schüler oder Schülerinne Videospiller spillen? A wa jo, wéi eng? | |
| 35 | B | Also richtig Videospiller spillen nee. Just bei engem Kand hunn ech et matkritt an dat huet mir da gezielt et géing „Fortnite“ spillen. | E |
| 36 | I | Okay. | |
| 37 | B | Jo. Mat 6 Joer. Dat hunn ech du relativ fréi fonnt. Awer all déi aner spillen net, nee. Ech kréien emol mat, dass se „YouTube“ oder „TikTok“ kucken. Mais sou richtig Videospiller spillen huet eigentlech nach keen erwäänt. | F |
| 38 | I | Okay. An dat heescht wéi stees du allgemeng zum Videospillkonsum vun denge Schülerinnen a Schüler? Also et huet ee jo elo schonn e bessen, wéis du elo soss “jo scho mat sechs Joer“. Wéi ass deng Astellung allgemeng dozou, dass deng Schülerinnen a Schüler elo Videospiller spille bezéiungsweis wann se elo géifen deemnächst ufänke mat spillen? | |
| 39 | B | Also dat eent fannen ech mol ganz schrecklech. Wann Kanner mat 6 Joer Fortnite spillen, well dat ass ab 12. Also ech fannen do missten d’Elteren absolut vill méi Kontroll hunn, wat spillen hier Kanner an ebe méi kucken. Elo déi aner, wéi gesot ech weess elo net, ob | F |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | ganz ewech denken déi Technik. Kanner léieren dann och esou mat techneschen, mat digitale Saachen eens ze ginn. Wat jo och wichteg ass. Mee alles a Moosse soll et sinn an net, voilà, onkontrolléiert. | H |
| 42 | I | Jo. Dat heescht un sech déi Inhalter déi kéinten doriwwer vermëttelt ginn an och d'Heefegkeet, also Dauer vun esou e Spill spillen si méi esou deng Bedenken? | |
| 43 | B | Voilà. Bedenke sinn, datt et fir Kanner iergendwann ze vill gëtt, wann se just nach hannert den digitale Medien hocken. T'ass keng Kommunikatioun méi do zwëschent de Kanner. Oder d'Kanner, Erwuessener, et ass einfach, jo, déi kommunikativ Fäegkeet geet verluer, well se eigentlich wéineg schwätze müssen. An jo. E bëssen d'Isolatioun vun de Kanner dee Moment. | H |
| 44 | I | Okay. Wann elo, d'Situatioun gesat, du géifs digital spillend Léieren an dengem Unterrecht implementéieren. Géifs du dech selwer ausräichend ënnerstëtzt fille vun de Ressourcen hier, vun der Direktioun eventuell hier, vun Aarbechskolleegen hier? Géifs du dech ausräichend ënnerstëtzt fille fir esou eppes kéinten ëmzesetzen? De Fall gesat du wéilts et ëmsetzen oder du hues et vläit schonn ëmgesat? | |
| 45 | B | Also nee ëmgesat un sech nach net. Bon ënnerstëtzt fillen. Keng Anung, ech hu mir déi Fro nach net gestallt. Also vun den Aarbechskolleege sinn ech mir sécher, do géif ech all Ënnerstëtzung kréien, déi ech brauch. Ëmmer wann ech eng Fro hat oder eng Hëllef | |

| | | | |
|----|---|---|----------------------------------|
| | | <p>gebraucht hunn, fale mir der ganz vill an, déi ech kéint froen, déi mech géifen beroden. Vun der Direktioun hier, ech weess et net. Also, bei eis am Gebai, den Internet funktionéiert och net ëmmer sou top, do weess ech net wéi sënnavoll et ass, fir dann do eppes ze starten. Mir hunn och net, also ech perséinlech hunn net deen néidegen Equipement bei mir am Sall. Ech hu wierklech iergendwéi just ee Computer do stoen an zwee klenger. Ech kann eigentlech bei mir am Sall näischt maachen. Do muss ech halt iergendwou hi rennen a kucken, dass ech déi iPaden fannen an. T'ass alles relativ komplizéiert a komplex muss ech éierlech soen. Dofir hunn ech et eigentlech nach net gemaach an ech kann elo net soe wéi Direktioun mech do géif ënnerstëtzen, wann ech géif Saachen ufroen. Mais mir kréien elo d'Säll renovéiert, vläit stinn dono méi Ressourcen zur Verfügung, dass ech et da vläit éischer netze géif. Mais elo ass et mir einfach ze komplizéiert, well einfach a mengen Aen näischt do ass.</p> | <p>I P I P P</p> |
| 46 | I | <p>Sinn et elo just materiell Ressourcë wous de sees, déi noutwendeg wiere fir et kennen ëmzesetzen oder och Ressourcë wéi, ech weess net, Spiller proposéiert kréien, déi ëmsetzbar wiere mat och méiglechen Unterrichtsverleef, wéi dat kéint ausgesinn, wat de But hannert där Unterrechtseenheet da kéint sinn oder sees de, dass elo wierklech just, dass déi materiell Ressourcë wéi elo den iPad oder den Internet net gutt genuch si fir kënnen ze soen „hei ech kéint dat elo effektiv ëmsetzen“?</p> | |
| 47 | B | <p>Also dann, wann s de sou frees, un sech béid Saachen. Éischtens effektiv Material un sech, wat fir mech net</p> | <p>I</p> |

| | | | |
|----|---|--|--|
| | | <p>ausräichend do ass an effektiv och, well ech elo perséinlech net genau weess wat. Vlät fale mir zwou, dräi Saachen an, mee méi effektiv, méi Connaissancen hunn ech nach net an deem Beräich, dass ech elo ganz genau wéisst dat an dat an dat wier flott oder, dass ech och net genau wéisst wéi spillen ech dat mat de Kanner. Bon, kéint een natierlech alles erausfannen. Et kann ee jo surfe goen, sech informéieren. Mais effektiv sinn ech momentan do net “up-to-date”. Dat heescht et läit dann och eigentlech u mir selwer, dass ech dann och net wéisst wéi, wou, wat a mir dat net sou zoutrauen. Mee, ech mengen et ass e bëssen eng Kombi aus Béidem. Ech soe mir, et ass net genuch Material do, dat ass alles ze komplizéiert, also hunn ech mech dann an deem Moment net informéiert. Dat heescht ausser dass ech heiansdo erop an de Computersall ginn an eben dat „Blitzrechnen“ maachen. Mee. An et ass och effektiv dat Organisatorescht. Wann een do ganz vill Kanner parallel op iergendengem Medium huet, vu riets no lenks lafen, muss een och schonn zu 2 oder zu 3 wierklech ëmmer am Sall sinn. Well soss ass dat net ze managen.</p> | <p>I</p> <p>O</p> <p>P</p> <p>P</p> <p>O</p> |
| 48 | I | <p>An hues du schonn eventuell Fortbildungen an deem Beräich gemaach? Ech soen elo digital Medien oder „Digital Game-Based Learning“. Oder géifs de et a Betruecht zéien och eventuell Fortbildungen an deem Beräich ze maachen, wann se proposéiert ginn?</p> | |
| 40 | B | <p>Also gemaach hunn ech nach keng. Mee wann effektiv, wann de Moment kennt, wou ech soen elo géif et Sënn maachen, well elo hunn ech och d’Ressourcen am Sall a Kanner sinn och elo vlät al</p> | |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | <p>genuch, dass eppes kéint mat hinne maachen, da wier ech och interesséiert un effektiv. Bon da muss natierlech d'Formatioun zougeschouert ginn op Leit aus dem Cycle 2 zum Beispill. Dass mir do net iergendwellech Saache proposéiert kréien, déi just am Cycle 4 ze maachen si mat méi grouse Kanner oder am Lycée. Also wann et wierklech op mäin Zyklus zougeschouert Formatiounen an deem Beräich, soen ech jo.</p> | |
| 50 | I | <p>Okay. Ginn et eventuell kulturell oder institutionell Faktoren zu Lëtzebuerg, déi, jo éischer eng ofleenend Haltung deem „Digital Game-Based Learning“ vis à vis weisen? Also, hues du eventuell scho matkritt, wéi deng Aarbechskolleegen dozou stinn oder eventuell och awer schonn Direktioun, déi sech dozou geäussert huet, wéi si zu deem Ganze stinn?</p> | |
| 51 | B | <p>Do kann ech leider keng Infoe ginn, well ech menge bei mir d'Aarbechskolleegen tendenziell jiddereen. Also. Ech mengen déi mannst maachen, déi ech elo a mengem Ëmfeld kenne vum Cycle 2. Ech mengen do ass keen, dee vill mëscht. Ech mengen eng Joffer, hat ech mol matkritt, déi huet effektiv iPaden do gehat. Mais, ausser mol sou e Beamer benotzen oder sou. Nee, t'ass elo net t'ass d'Leit tendenziell dogéint sinn, mee ech mengen et geet jidderengem wéi mir e bëssen, dass et vläit ze opwänneg ass oder net richtig weess wéi sech uleeën a voilà. An d'Ressourcë feelen. Mee ech mengen t'ass elo net eng tendenziell Ofleenung. T'ass einfach d'Ëmstänn, wou ee seet „oh komm, huele mir léiwer d'Bicher“</p> | P |

| | | | |
|----|---|---|------------------|
| 52 | I | Ma do wiere mir dann och elo schonn un sech bei alternative Methoden zu den Technologien. Wéi eng Methode gesäis du als, jo, méi effektiv esou guer vläit u wéi „Digital Game-Based Learning“? | |
| 53 | B | Also ganz ganz sécher richtig, richtig an „Anführungszeichen“ Spiller. Edukativ Spiller, sief et, mir hunn an allem, sief et fir mathematesch, fir logesch, fir sproochlech Saachen ze fërderen. Einfach wou si dann. Entweder, et gi Spiller fir een aleng, wou ee mat Selbstkontrolle. Eben op den Niveau ugepasst vum jeeweilege Kand oder eben och Gruppe-Spiller wou se och léieren zesummen ze spillen. Et ginn och verschidden Zorte vu Spiller wou ee géint deen anere spillt. Et ginn och Spiller wou een als Team muss zesummen eppes erreechen. Dat si Spiller déi a mengen Ae wierklech e rise rise Virdeel hunn, well eng Kommunikatioun do ass. Et fërdert d’Team-Denken. An e bëssen d’Kooperatioun- a Kompromëss-Bereetschaft. Dat ass, jo, fir mech un sech nach méi eng flott Alternativ, einfach dat richtigt Spille mat Kaarten, mat Würfelen, wat et eben alles gëtt an deem ganzen edukative Beräich. Wann een op d’ “Didakta“ geet, do kritt ee ganz vill. | M M M M |
| 54 | I | Jo. | |
| 55 | B | Jo. Voilà. | |
| 56 | I | Dat heescht et ass awer allgemeng esou, dass du elo och méi schülerzentréiert Usätz verfollegs an dengem Unterrecht, wou wierklech d’Kanner am Zentrum sinn? Wéi elo zum Beispill beim Sozio- | |

| | | | |
|----|---|--|-------------------|
| | | <p>Konstruktivismus oder eventuell wéi och wéi bei der Reggio-Pädagogik, wou d’Kanner als selbststänneg ugesi sinn an als kompetent fir effektiv sech liebenswichtig Fäegkeeten unzëeegnen. Oder ass et méi, dass de sees, et geet awer méi Richtung „Lehrpersonenzentriert“ a mengem Unterrecht fir, well ech de Kanner vu mir aus méi well vermëttelen oder ass et éischer sou, dass de d’Kanner wierklech selwer dozou motivéiers?</p> | |
| 57 | B | <p>Also dat hänkt un sech ëmmer vun der Matière of, déi ech grad halt behandelen. Wann ech eppes Neies aféieren, ass et am Ufank mol e bësse méi „Lehrerzentriert“, mee wann et herno em d’Verdéiwe geet oder em d’Widderhuelen, da fannen ech, dann ass et effektiv un hinnen, datt si selwer léieren ze léieren un sech. Wéi widderhuelen ech dat, wéi léieren ech dat, wéi üben ech dat, wéi mierken ech mir dat. Sief et, dass se ënnerteneen een deem aneren hëllef. Sief et och erëm duerch Spiller oder duerch regelméissegt Üben. Un sech, voilà. Och duerch Spiller mat Selbstkontroll. Oder ebe Spiller zu zwee oder am Grupp. Do ginn et jo ganz ganz vill Méiglechkeeten. Mee, wéi gesot, et hänkt ëmmer vun der Matière of.</p> | <p>M</p> <p>M</p> |
| 58 | I | Jo. | |
| 59 | B | Mee tendenziell fannen ech, wann ech et bis eng Kéier gesot hunn, ass et un hinnen dat selwer e bësse sech unzëeegnen. Oder ze verdéiwen. | |
| 60 | I | Okay. Jo. Genau. | |

| | | | |
|----|---|--|---|
| 64 | I | <p>Jo. An elo sou Material-méisseg. Denks de et wier noutwenneg elo an dengem Verstees-de-mech, dass all Kand säin iPad misst hunn? Oder denks de et wier och géabel, wann elo e gewëssene Stock un iPaden fir eng ganz Schoul zur Verfügung gestallt gëtt? Ech huelen elo den iPad als Beispill. Et ka jo och e Laptop sinn oder ech weess net, iergendwellech Konsolen. Genau. Denks de dat misst awer fir elo et ëmzesetzen, misst all Kand Zougang zu sengem eegenen Apparat hunn oder denks de sou e Stock fir eng ganz Schoul misst och géabel sinn?</p> | |
| 65 | B | <p>Also, bon dat kennt natierlech, wann et eng ganz kleng Schoul ass, da kann een och soen okay da kritt all Kand säin eegenen. Mais wann ee wierklech sou eng riseg Schoul huet, wéi bei eis de Z do kann een net fir all Kand een Dengen. Dat gëtt wansinneg deier. Do muss ee vläit einfach kucke wéi vill Kanner sinn an der Schoul an dann eng Moyenne ausrechnen. Keng Anung. All fënneft, sechst Kand een Apparat. Et huet jo net ëmmer all Klass mateneen zu deem selwechte Moment déi ganz iPaden oder sou. Dat heescht da muss een natierlech e bësse kucken. D'Enseignantë mussen ënnerteneen eens ginn. An da kann ee jo vläit kucken, dass innerhalb vun enger Klass dann awer all Kand säin eegene Medium huet. Et kann een och vläit soen, okay déi an engem Gebai sinn. 10 Klassen, da kucke mir, dass mir fir déi 2 Klassen halt, dat sinn zesummen sou an sou vill Schüler, sou vill Apparaten hu mir. Dann kéinten un sech ëmmer 2 Klasse parallel dat benotzen. An voilà. Mee et mussen net an enger grousser Schoul wéi eis all Kand 1 Apparat. Dat, nee.</p> | <p style="text-align: center;">N</p> <p style="text-align: center;">N</p> |

| | | | |
|----|---|---|--|
| | | Et wier natierlech schéin, mee ech mengen net dass dat muss sinn. | |
| 66 | I | Okay. Jo da wiere mir eigentlech och scho fäerdeg mam Interview. | |
| 67 | B | Okay. | |
| 68 | I | Ech soen dir vill villmools Merci fir deng Zäit nach eng Kéier a fir déi räichlech Informatiounen an dësen interessanten Austausch. | |
| 69 | B | Okay. | |
| 70 | I | Okay. Dann soen ech dir Merci. | |
| 71 | B | Majo t'ass ganz ganz gär geschitt. | |

| Transkript C – Lehrperson C | | | Kategorien |
|-----------------------------|---|---|------------|
| 1 | I | Gudde Mëtteg. Fiert'éischt wollt ech merci soen, dass de dir déi Zäit hellst an och drun interesséiert bass fir bei dësem Interview Deel mat ze maachen. An fiert'éischt wollt ech froen. Mat wéi engem Geschlecht identifizéiers de dech? Wéi al bass de? An a wéi engem Cycle, dass de de Moment schaffs? | |
| 2 | B | Also ech identifizéiere mech als weiblech. Ech sinn 48 Joer al. An ech schaffen an engem Cycle 2.1. | A |
| 3 | I | Okay. An wéi laang schaffs du schonn? | |
| 4 | B | Dat heiten, dat ass mäi fënnef-an-zwanzegst Joer. | A |
| 5 | I | Okay. An hues du elo nach ëmmer am Cycle 2 geschafft oder hues du virdrun och schonn an anere Cyclë geschafft? | |
| 6 | B | Ech hunn och schonn an anere. Ech hunn, ausser am Cycle 1, hunn ech schonn an all Cycle geschafft. | A |
| 7 | I | Okay. An dat war nach ëmmer hei zu Y / | |
| 8 | B | Jo. | |
| 9 | I | oder och an anere Gemengen? | |
| 10 | B | Nee, dat war ëmmer hei zu Y. | A |

| | | | |
|----|---|---|---|
| 11 | I | Okay. Wann s du elo de Begrëff „Digital Game-Based Learning“ héiers oder och nach gesot „digital spielendes Lernen“. Wourunner muss de denken, wann s de dee Begrëff héiers, bezéiungsweis wéi géifs de en definéieren? | |
| 12 | B | Also digital héchstwarscheinlech eppes wat Computer-baséierend ass. An eben och héchstwarscheinlech Léierspiller déi iwwer Computer, iwwert eng Computerplattform funktionéieren oder eben och Léierinhalter, déi kënnen ofgeleet gi vun engem Spill. Dat heescht et sinn 2 Aspekter. | B |
| 13 | I | Jo. Genau. T'ass och esou e bëssen dat, wat ech duerch d'Recherchë fir d'Bacheloraarbecht rauskristalliséiert hunn. Dat ass eben, dass mat an duerch Computerspiller oder Videospiller geléiert gëtt mat dem Ziel Léier- a Bildungsprozesser, also fir et dofir benotzbar ze maachen. An eben, dass et Spiller sinn, déi an engem didaktesche Kontext ënner pädagogescher Begleedung stattfannen. Dat heescht, genau. T'ass einfach, dass ech déi Definitioun och eng Kéier wollt mat dir deelen, dass mir einfach, déi e bëssen als Basis och oder eng gemeinsam Basis hu fir kënnen de Rescht vum Interview virun ze féieren. Dann géif ech als nächst froen, ob du selwer Erfahrung mat Videospiller hues? Sief et op engem Computer, sief et op enger Konsol oder? | |
| 14 | B | Also Videospiller a Computerspiller am Allgemengen? | |
| 15 | I | Jo. | |

| | | | |
|----|---|---|------------|
| 16 | B | Jo, Computerspiller jo. Op Konsolen hunn ech och scho gespillt. Vun ganz fréier bis relativ rezent. An ech hunn och, jo op den Handyen déi kleng Spiller, wou et dann do ginn, hunn ech och scho gespillt. | C |
| 17 | I | Wat sinn dann elo sou Spiller, déi s du elo preferéiers, also ob et elo eng bestëmmte Richtung vu Spiller ass oder ee Spill konkret? | |
| 18 | B | Also, ech sinn, wéi soll ech soen. Deen „Block-Puzzle“ um Handy. Do kann ech ganz gutt ofschalten. Esou gutt ofschalten, dass ech heiansdo mech ganz an der Zäit verléieren. T‘ass esou eppes wéi „Tetris“. Woubäi ech och „Tetris“ scho viru Jore gespillt hunn. Ech hunn och eng Zäitchen “Candy-Crush” gespillt. “June’s Journey”. Dat ass eppes wourobber een als Léierpersoun relativ gutt usprieht, wëlls de drop geeicht muss si kleng Saachen ze fannen, Feeler ze fannen. Dat hunn ech um Handy an op der Tablett gespillt. Um Computer. Dat ass awer elo scho relativ laang hier, dat wäert bal 20 Joer hier sinn. Do hunn ech “Age of Empires” gespillt. An op der “Wii” an “Nintendo” an sou weider, déi üblech “Jump and run”, wéi heescht dat? “Run and”, nee, wéi heescht dat? | C C |
| 19 | I | A jo. Och esou Sportspiller? Oder méi sou / | |
| 20 | B | Jo, sou “Super Mario” a sou weider. | C |
| 21 | I | Jo. | |
| 22 | B | War ech net besonnesch gutt dran. | |

| | | | |
|----|---|---|--------|
| 23 | I | Okay. Du hues selwer Kanner? | |
| 24 | B | Jo. | A |
| 25 | I | An, ech weess net a wéi fern déi och vläit Videospiller spillen, mee wann se dat effektiv maachen, wéi stees du zu hirem Konsum vu Videospiller? | |
| 26 | B | Also meng Kanner si méttlerweil allen 3 erwuessen. D'Meedercher hunn haaptsächlech déi kleng Handysspiller gespilt, wann iwwerhaapt. An déi Spiller op der „Wii“. An de Bouf, deen huet scho richtig Computerspiller, Strategiespiller gemaach an sou weider. Wéi stinn ech dozou? Hautdesdaags ass dat mir relativ egal. Wéi mäi Jong am Lycée war, war dat e bésse méi schwéier, well hien éischer sech och an där Welt e bésse verluer huet. Woubäi een awer muss soen, datt hien et ëmmer fäerdeg bruet huet nach iergendwéi eppes dobäi ze léieren. Dat heescht, hien huet am. Wéi huet dat geheescht? Dat Spill mat de Bléck. Wéi heescht dat? Do hat hien e Computer am Computer programméiert. Wéi heescht dat? | A D |
| 27 | I | A. Et war awer elo net “Scratch”? Nee? | |
| 28 | B | Déi Männercher, déi ausgesi wéi Bléck. | |
| 29 | I | A. Den „Minecraft“. | |
| 30 | B | Jo, um „Minecraft“. Do hat hien e Computer an e Rechner gebaut. | D |

| | | | |
|----|---|--|-------------------|
| 31 | I | A. | |
| 32 | B | <p>Bon méi mir waren natierlech net. Also Tatsaach, dass en dat gespillt huet, huet eis natierlech net ganz frou gemaach. Mee déi Aart a Weis wéi en et ugewant huet, war net direkt schlecht. Jo, mee bon t'ass ëmmer sou. Et léiert een eppes dobäi an awer. Wéi soll ech soen. Et notzt een déi Zäit net fir dat richtegt Léieren. Also déi Zäit hätt en och kéinten notze fir, ech soen elo, franséisch Grammaire ze maachen, fir en däitscht Buch ze liesen, Geschicht ze léieren an dat huet en herno alles net gemaach.</p> | <p>D</p> <p>D</p> |
| 33 | I | <p>Hues du schonn Erfahrung mat „Digital Game-Based Learning“? Also mat deem Léierformat fir eben entweder Video- oder Computerspiller am Unterrecht unzewende fir zum Beispill Kompetenzen unzestriewen, déi am Plan d'Études verankert sinn?</p> | |
| 34 | B | <p>Also vum Mathé-Programm d' „Luxemburger Zahlenbuch“ gëtt et eng App, e Computerprogramm „Blitzrechnen“ an dat notzen ech regelméisseg. Dat fannen ech och wierklech gutt.</p> <p>Dat entsprécht och deem wat um Plan d'Études steet. Kanner maachen dat och zimmlech gären. Wat och wierklech gutt ass, "contrairement" zum Buch, dat ass datt et wierklech grouss ass, also visuell fir Kanner, déi visuell beanträchtegt sinn, ass et, wéi soll ech soen, méi zougänglech. Wéi aner Saachen. Wéi zum Beispill en Aarbechtsblatt.</p> <p>Wat hunn ech nach gemaach? Mir haten allerhand Programmer ëmmer fir Verben a fir Vokabelen ze léieren. Woubäi dass dat net direkt Spiller waren, et war</p> | |

| | | | |
|----|---|---|---|
| | | éischter statt engem Aarbechtsblat hues de dat um Computer gemaach. | |
| 35 | I | Jo. | |
| 36 | B | An ech hunn eng Kéier eng Formatioun gemaach, wou ee Schreiwten, Schreiwmotivatioun unhand vun engem Spill konnt, jo, fërderen. Woubäi ech dat, ech hunn déi Formatioun zwar gemaach, mee ech hunn se ni richtig ëmgesat. | |
| 37 | I | Okay. An aus wat vir enge Grënn eraus? Also wann ech dat froen dierf? | |
| 38 | B | Jo. Also déi Zäit hate mir nach keng Tablett an der Schoul. An et funktionéiert haaptsächlech, et ass iwwee Tablett gaangen. An ech hu fonnt, dass wann een e Computerspill bréicht als „Schreibanlass“, da kéint een och eppes anescht huelen. Ech mengen, da kann een och eng „Mickey Mouse“ mat hinne kucken an dat als „Schreibanlass“ huelen. Bon. Jo. | |
| 39 | I | Okay. Ass dir bewosst, ob Kanner hei an denger Klass scho Videospiller spillen oder gespillt hunn? Also hues du do eventuell scho Spiller matkritt, vun deenen se geschwat hunn oder? | |
| 40 | B | Also, ech weess dass hei an der Klass vill Kanner Videospiller spillen, well ech dat unhand vun hirem Vokabulär erkennen. Wéi si schwätzen. Deen „biepbiép“ oder „mhh“ oder „rusch“ oder „well done“ oder sou Saachen, dat ass typesch Computerspill-Sprooch. Wat se elo spillen? Ech weess, dass déi vum | E |

| | | | |
|----|---|---|--------|
| | | leschte Joer, déi hunn effektiv „Minecraft“ scho gespillt deelweis. „Super Mario“ hunn se alleguer gespillt. „Donkey Kong“ och. | E |
| 41 | I | Jo. | |
| 42 | B | Déi méi al, déi hunn och schon aner Spiller gespillt. Déi hunn sou Baller-Spiller gespillt, déi net onbedéngt fir hiren Alter waren. | E F |
| 43 | I | Jo, déi si jo meeschtens ab 16 oder souguer eréischt ab 18 deemno wéi. Okay. An wéi stees de un sech dozou, dass deng Schüler elo hei an där heiter Klass scho Videospiller spillen? | |
| 44 | B | Wéi soll ech soen. Ech fannen, dass wann si. Ech hätt léiwer si wäeren e bësse méi kënneg an der realer Welt, wéi an der Computerwelt. An, dass se vläit en anere sproochlechen Input hätten, wéi deen aus Spiller. Wou nëmme mat esou Lauter, also. Geschwat gött, jo. | F |
| 45 | I | Wou haaptsächlech sou kuerz Phrasë kommunizéiert ginn amplaz elo e ganze Saz, wéi elo an enger „Mickey Mouse“ de Fall wär oder sou. | |
| 46 | B | Jo. | |
| 47 | I | Okay. Wéi bewäerts de un sech perséinlech de pädagogesche Wäert vun digitale Léierspiller? Also wat sinn denger Meenung no Virdeeler do dovun a wat sinn awer och deng Bedenke fir dat elo hei an der Schoul, an der Klass als aktiv Unterrichtsmethod unzewenden? | |

| | | | |
|----|---|---|----------------------------|
| 48 | B | <p>Also ech perséinlech fannen am Moment, wéi ech meng Schüler beobachten, dass si genuch Computerspiller an hirem. Loosse mir soen, vläit net an hirem Alldag, well se vill ze spéit Heem kommen aus der Maison Relais. Mee ech denken, dass se definitiv genuch Computerspiller de Weekend esou erliewen, dass se dat net och nach mussen an der Schoul ugebuede kréien. Dass et duerchaus wichteg Inhalter ginn, déi Kanner an engem Computerspill léieren. Mee ech denken, dass si dat vun. Dat Gefill wat ech hunn, wéi wann se genuch Stonnen domadder géingen de Weekend verbréngen an dass dee Laang-Inhalt duerchaus ofgedeckt wier de Weekend. An dass mir dat net och nach mussen an d'Schoul huelen. Also richtig Spiller soen ech elo, gell.</p> | <p>E</p> <p>H</p> <p>E</p> |
| 49 | I | Jo. | |
| 50 | B | <p>Sou Saache wéi „Zahlenbuch“ fannen ech nach ëmmer, also „Blitzrechnen“, fannen ech nach ëmmer gutt. Ech fannen awer, dass wann s de „Antolin“ hëls, zum Beispill. Ass et „Antolin“?</p> | |
| 51 | I | Jo, „Anton“. | |
| 52 | B | <p>„Anton“. „Anton“, wou se musse Rechnunge maachen an dass se dann eng Belounung kréien an deem se dierfen e Computerspill spillen. Weess ech net, ob dat muss sinn. Et ginn nach aner flott Léierspiller wou se kennen hier Hänn benotzen, wou se sech selwer kennen am Raum beweegen, wou se dat net och nach mussen an der Schoul maachen. Ech mengen do kann een als Schoul och entgéint wierken. Also.</p> | |

| | | | |
|----|---|--|--|
| 53 | I | A wann een elo géif soen okay mir huele bewosst elo, ech weess net, e Spill wéi „Minecraft“fir logescht Denken ze fërderen. | |
| 54 | B | Jo. | |
| 55 | I | Wann een elo wéisst, okay ech hunn eng ganz Rei Schüler, déi sech effektiv och privat fir dat Spill interesséieren. Et dann eventuell a Betruecht zéien d' Spill dann ze benotze fir logescht Denken ze fërderen amplaz elo effektiv un enger Aufgab op engem Aarbechtsblat? | |
| 56 | B | Ech denken, dat ass jo dann och en Deelaspekt. Dat kann een duerchaus sech domadder ausernee setzen an och fir gutt befannen. Et gi jo allerhand Exercicë wou een engem Kand kann ubidden. Et kann ee Saache mat Lego-Bléck ubidden. Et kann ee computeriséiert Saachen ubidden an et kann een et eben och digital Spiller ubidden. An et kann een déi ganz Pallett och eng Kéier sou bei de Kanner testen. Wat hinnen am meeschte läit. Also ech. Mee et exklusiv nëmmen op ee Beräich ze reduzéieren, ech weess net ob dat eng gutt Iddi ass. Mee bon. | |
| 57 | I | Wann s du elo effektiv déi Léiermethod do aktiv wéilts ëmsetzen. Fills de dech da genuch ënnerstëtzt fir dat kënnen effektiv an dengem Unterrecht ze implementéieren? Also wéi eng Ressourcë wieren denger Meenung no noutwendeg fir „Digital Game-Based Learning“ effektiv kënnen unzewenden am Unterrecht? | |

| | | | |
|----|---|--|----------------------------|
| 58 | B | <p>Ech mengen am Moment hu mir eng Ratio vu 4 Tablette op. Nee. Eng Tablett op 4 Kanner. Am Moment. Mengen ech. Ech si menger Saach awer do net sécher. Ech fannen, dass dat e bësse wéineg ass. Ech selwer misst mir och Zäit huele fir mech domadder ze befaassen an ech denke mat engem Computerspill do taucht ee relativ séier an. Mee dat ass awer duerchaus denkbar. Also, wann ech zimmlech sécher wéisst, dass et mir géing hëllef Kanner beim Kodéieren z'ënnerstëtzen, beim Kodéiere Léieren z'ënnerstëtzen, géing ech dat och scho maachen.</p> | <p> </p> <p> </p> <p>○</p> |
| 59 | I | <p>Also elo ofgesi vum “Blitzrechnen”, wat s de jo scho gesot hues, dass elo mëss. Jo. Dat heescht un sech fir elo ze soen ech benotzen d'iPads elo weider net mat menge Schüler oder iergendwellech digital Medien. Ass dat elo wierklech just dorobber zréckzeféieren, dass de sees si sinn an hirem privaten Ëmfeld scho vill mat sou Medien a Kontakt a vill mat Bildschierm a Kontakt oder huet dat aner Grënn? Dass du elo vläit einfach sees, ech hunn aner Unterrichtsmethoden oder aner pädagogesch Usätz léiwer wéi elo dat mat den digitale Medien?</p> | |
| 60 | B | <p>Et ass deelweis och eng Saach vu Bequeemlechkeet, muss ech och éierlech soen. Ech mengen, wann all Klass e Set hätt un, ech soen elo, un 18 iPads, denken ech géing ech déi och méi notzen. Mee Tatsaach, dass wann ech an de Computersall ginn, dass ech do brauch, dass ech do nëmme muss e Computer u maachen an ech weess, dass et funktionéiert. Während wann ech d'iPads muss reservéieren, oplueden, siche goen, 1 oder 2 Stück erop an erof bréngen an sou weider. Denken ech, dass</p> | <p>P</p> <p>P</p> |

| | | | |
|----|---|---|--------|
| | | dat, loosse mir mol sou soen, net direkt sou praktesch wier. | P |
| 61 | I | Dat heescht et ass méi sou Disponibilitéit vun de Ressourcen ? | |
| 62 | B | Jo. Definitiv, jo. | I |
| 63 | I | Okay. An du géifs elo awer. Loosse mir soen du géifs elo muer effektiv esou vill iPaden hei an de Sall kréie wéis de Schüler hues. An géifs de dech da selwer aus dem Näischt soen ech elo mol trauen e Videospill ze huelen, mat deem wou s du dech elo perséinlech auskenns fir ze soen „okay dat passt elo op de Plan d'Études mir probéieren dat elo“? Oder och wann s de dech awer am Viraus géifs drop preparéieren oder denks de elo éischer „hm nee do wieren awer elo nach Formatiounen néideg“ oder eventuell e Modell souguer virgi wéi ech mat där App kéint virgoen? | |
| 64 | B | Modell, dat wier vläit net schlecht. Mee ech mengen, also wann ech der Meenung wier. Also alles kann zu engem. Wéi soll ech soen. Alles kann zu engem Mëttel gi fir eppes ze léieren. Ech mengen et kann een eppes aus dem. Dofir Computerspill jo duerchaus, firwat net. Mee. Also ech denken, dass et haaptsächlech Disponibilitéit ass, déi mech dovunner ofhält dat méi ze notzen. | O P |
| 65 | I | An du hues jo scho gesot, dass deng Schüler immens frou sinn, wann se „Blitzrechnen“ um Computer dierfe maachen. Konnts de dann och scho beobachten, dass elo iergendwéi net just eng Steigerung an hirer Motivatioun stattfonnt huet mee och an hirem | |

| | | | |
|----|---|---|---|
| 70 | B | <p>Nee, also ech denke scho, dass een alles kann an der Schoul benotzen. T'ass eben alles eng Saach vun éischtens mol Publikum wou s de hues. Déi Zäit wou ech déi Fortbildung gemaach hunn, do hat ech en C3. Jo. Ech denken, dass dat eben ëmmer ofhängeg ass vun der Situatioun, also.</p> | ○ |
| 71 | I | <p>An kéints de dir virstellen nach weider Fortbildungen doranner ze maachen oder sinn elo vläit aner Beräicher u Fortbildungen, déi si vläit de Moment méi prioritär fir dech?</p> | |
| 72 | B | <p>Elo am Moment maachen ech d'Fortbildung iwwert d'Alphabetisatioun op Franséisch. Wann et an deem Beräich vläit Computerspiller géinge ginn, wou ee kéint benotzen, dat wier scho flott. Dat wier scho wierklech flott. Wat ech och e bësse bemängelen, dat ass, dass mir zum Beispill net hei an der, also hei an der Schoul iwwerhaapt, am Schoulsystem e Computerprogramm hunn, wou Kanner kënne schwätzen a verbessert ginn. Dat heescht, Däitsch léieren an iwwer Computer-Spiller wou ee ka schwätzen, wou ee ka mat de Personagen interagieren, dat wierklech flott wann een dat hätt. An dat wier zum Beispill eppes wat ee kéint bei Gruppenaarbecht benotzen. Et wieren esou vill méi Méiglechkeeten dat och am Sproochenunterricht anzesetze wéi just „Schreibanlass“.</p> | |
| 73 | I | <p>Jo. Jo. Also ech weess, dass et, ech kommen elo net méi richteg op d'Nimm vun deenen Appen, op alle Fall kann een dann als Kanner selwer Tounopname maachen an déi kann een awer ëmmer erëm iwwerschaffen. An do kann een och selwer, ech soen elo wann een eng Geschicht erzielt, kann een och e Bild passend zu där</p> | |

| | | | |
|----|---|---|---|
| | | Geschicht molen, déi een dann als Titelbild vun deem Ganze benotzt. An da gëtt et jo och sou en interaktive Stëft wou et speziell Bicher ginn, wou een d'Sprooch um Stëft kann astellen an dann. / | |
| 74 | B | Den „Tiptoi“ gëtt et. | |
| 75 | I | Den „Tiptoi“, genau. Dat sinn elo sou mat déi eenzeg Saache wou ech weess, wou Kanner aktiv an enger Zilsprooch kënnen schwätzen oder zougeschwat kréien. Mais et ass keen direkte Feedback zu deem wat si soen. | |
| 76 | B | Jo. | |
| 77 | I | Jo, dat wier effektiv flott, wann et esou eppes géing ginn. | |
| 78 | B | Do soen ech elo, ech hunn e Kand aus dem Montenegro. Do kéint ech dat wierklech vilfältig asetzen, also. Iwwerhaupt déi Kanner déi net gutt Lëtzebuergesch an net gutt Däitsch schwätzen. An herno och vläit Franséisch schwätzen, also do kéint een nach wierklech dru schaffen. | |
| 79 | I | Jo. Ginn et denger Meenung no institutionell oder kulturell Faktoren hei zu Lëtzebuerg, déi éischer eng Ofleening, bezéiungsweis eng Zoustëmmung deem „Digital Game-Based Learning“ vis à vis beaflossen? | |
| 80 | B | Ech mengen et ass haaptsächlech e generationelle Problem. Wann ech bedenken, dass ech elo mëttlerweil zu deenen ale gehéieren, déi net onbedéngt e Problem méi domadder hu mat „digital learning“ do ze schaffen. | L |

| | | | |
|----|---|---|--|
| | | <p>Denken ech, dass, wéi soll ech soen, dass Dieren op si fir dat nach méi an der Schoul anzesetzen. Mee ebe mir brauche Material. D'Iddi ass net, dass mir selwer d'Saache kafe fir dass d'Schüler se herno notzen. Mir haten, also, dat wat mir brauchen an, dat mierken ech och bei menge Kolleginnen a Kollegeen, dat ass dass mir Material brauchen an, dass eis dat zur Verfügung gestellt gëtt an, dass et och ersat gëtt, wann et futti ass.</p> <p>An, dass do allerhand Saachen, wou mir net musse selwer dauernd dono kucken an deem Sënn vun. Wéi soll ech soen. Fir et selwer ze beschafen an sou weider, well Bicher kréie mir jo och. Zur Verfügung gestellt. An et wier wierklech flott, wa mir méi digitaalt Material einfach och esou géife kréien.</p> | |
| 81 | I | Jo. | |
| 82 | B | Lizenzen, Spill-Lizenze fir d'Kanner an sou. Kopfhörer, déi funktionéieren. „Tiptoi“. Wou een net muss aus der eegener Täsch bezuelen. | |
| 83 | I | <p>Jo un sech ware mir op déi nächst Fro schonn agaangen. Déi géif ech dann och elo iwwersprangen. An da géife mir un sech och schonn zum Ofschloss vun dësem Interview kommen. An do wollt ech dech froen. Jo, wéi gesäit denger Meenung no d'Zukunft vun „Digital Game-Based Learning“ hei zu Lëtzebuerg an de Grondschoulen aus? Also du hues jo schonn e bëssen ugeschwat, dass mol definitiv pro Schoul méi e grouse Stock un digitale Medie muss zur Verfügung sinn, fir dass een esou eppes aktiv kann ëmsetzen ouni op gréisser Schwieregkeeten ze treffen. Mee denks de dass dat genügend wier fir ze soen, dass d'Haltung vun de Léierpersounen där Léierform géigeniwwer ännert?</p> | |

| | | | |
|----|---|---|------------|
| | | Oder denks de et misse vläit nach aner Saachen an Zukunft antrieden? | |
| 84 | B | Ech denken, dass do ganz vill Saache spillen. Dass een d'Schoul an deem Sënn erëm misst iwwerdenken. Ech mengen deelweis hale mir nach Schoul wéi virun honnert Joer. Deelweis guer net méi. An, dass mir do e bësse mussen, dat wat gutt ass re-evaluéieren a vläit souguer verbesseren nach. An dat wat net méi funktionéiert, dass mir dat mussen einfach ewech fale loossen an duerch eppes Neies ersetzen. Kit, dass dat Neit vläit net direkt ideal ass, mee. | N N |
| 85 | I | Dat awer ausprobéieren. | |
| 86 | B | Definitiv. | |
| 87 | I | Jo. | |
| 88 | B | Dass et vläit net misst landeswäit sinn. Dass et vläit op Pilotklassen ass oder. Jo. Ech denken, dass et vill Saache ginn, déi kéinten ëmgeännert ginn. Also aleng déi Tatsaach, dass mir esou vill Kanner mat Léierschwieregkeeten hunn. Dat ass en Zeechen dofir, dass mir net méi ugepasst sinn. Dass eise System den Ufuerderungen net méi gerecht gëtt. Respektiv, wann een sech d'Fro stellt. D'Kanner, ginn déi net méi eisem System gerecht oder de System de Kanner? Et kann een déi Fro an déi zwou Richtunge stellen, gell. T'ass, egal wéi ass et problematesch an egal wéi musse mir eppes änneren. An aleng kann en Enseignant, e Staatsbeamten, näischt änneren. Muss et dofir vun | |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | Uewe kommen? Ech weess et net. Et kann ee Piloteschoulen. | |
| 89 | I | Kreéieren. | |
| 90 | B | Kreéieren, definitiv an. Ech denken, dass do vill ze maachen ass. An och eben am Beräich „digital learning“. Et deet mir Leed, ech ka bal net méi schwätzen. | |
| 91 | I | Kee Problem. Jo dat heescht awer elo allgemeng en Ausgläich fannen och mat, ech soen elo, analoge Léiermethoden an elo net just alles digitaliséieren, mee dat Digitaalt och awer iergendwou e bësse méi mat an d'Boot huelen. | |
| 92 | B | Ech denken och. Jo. Also. D'Kanner léieren net an der Schoul mat Medien ëmgoen. Dat ass utopesch. Dat. E Mënsch deen dat wierklech gleeft, dee mengt Kanner kéimen aus enger anerer Welt a si géingen an d'Schoul verplantz ginn a si kréien do alles gewisen, wat et alles géing ginn. Dat stëmmt jo net. Mir kréie Kanner an en éischt Schouljoer, vläit och an d'Spillschoul, déi vläit mat méi Computer an „Playstation“ a wat weess ech konfrontéiert ginn, wéi mir hinne jee wäerte kennen ubidden. Also, dat ass. | |
| 93 | I | Jo. Et geet einfach drëms e gesonden Ausgläich tëscht allem e bëssen ze fanne fir hinnen e bëssen ze weisen a wéi eng Richtunge kann alles goen. Awer elo net just soen "voilà dir hutt elo alles gesi wat et gött"? | |
| 94 | B | Jo. An ech denken och net, dass d'Kanner d'Schoul brauche fir mat Medie kennen ëmzegoen. Well si kenne | N |

| | | | |
|----|---|---|----------|
| | | <p>mat Medien ëmgoen. Ginn se richteg domadder ëm?</p> <p>Ginn se, wéi soll ech soen, eethesch vläit net, mee ginn se bewosst mat deene Saachen ëm? Doudsécher net. Dat kënne mir hinne bäibréngen. Awer den Ëmgang domadder, dat wëssen si alles bestëmmt schonn an dat wëssen si deelweis besser wéi mir.</p> | N |
| 95 | I | <p>Jo. Okay. Dann soen ech villmools Merci fir dëse ganz interessanten Austausch. Dat war wierklech ganz spannend mat dir doriwwer ze diskutéieren.</p> | |
| 96 | B | <p>T'ass gär geschitt.</p> | |
| 97 | I | <p>An ech soen dir villmools Merci an Äddi.</p> | |
| 98 | B | <p>Merci. Äddi.</p> | |

| Transkript D – Lehrperson D | | | Kategorien |
|-----------------------------|---|--|------------|
| 1 | I | Majo da soen ech mol am Ufank villmools Merci fir deng Zäit a fir däin Interesse fir un dësem Interview Deel ze huelen. | |
| 2 | B | Gär. | |
| 3 | I | An da géif ech am Ufank froen ob s de dech eng Kéier kuerz kéints virstellen. Also mat wéi engem Geschlecht, dass de dech identifizéiers. Wéi laang, dass de scho schaffts an a wéi engem Cycle dass de schaffts. | |
| 4 | B | Okay. Ma also mäin Numm ass X. T'ass elo mäi siechzängt Joer wou ech schaffen. Ech si weiblich. An jo ech sinn ëmmer un sech am Cycle 2 gewiescht. An ech hat awer während 4. 4 Joer mengen ech waren et. Hat ech keng Klass am Cycle 2 kritt, do war ech dann am Cycle 3. An ech sinn awer éischer bei deene Klunge wou ech mech gesinn an do sinn ech erëm zeréck gewiesselt. Voilà. | A |
| 5 | I | Okay. An du hues bis elo nach ëmmer hei zu Y geschafft? | |
| 6 | B | Jo, ech hunn hei ugefaangen an ech hunn hei en CDI, dat heescht ech hunn ëmmer hei geschafft. Mee ech war net ëmmer um Z, ech war awer schonn um Z, Z, Z, erëm zeréck Z, also et war scho vill Geplënners. | A |
| 7 | I | Okay. Wann ech dir elo de Begrëff "Digital Game-Based Learning" nennen oder "digital spielendes | |

| | | | |
|---|---|---|-------------------------------------|
| | | Lernen". Wat sinn esou Saachen, déi dir als éischt an de Kapp sprangen, wann s de dat héiers? | |
| 8 | B | <p>Ech denke mol sou e bësse schaffe mat enger Tablett. Sou Saache wou eng spilleresch Approche dozou ass, mee awer wou et awer als Hannergrond ass fir eppes ze léieren. Dat heescht elo net nëmmen sou an der Fräizäit iergendeppes sou spille, mee awer wierklech mat engem erzéiereschen Hannergrond do. An dat denken ech, dass een dat an der Mathé kann sou uwenden. Ech denken, mäin éischte Gedanke war sou wéi "Anton" och e bëssen sou Appen, wou een halt e Programm, wat ee gemaach huet, widderhuele kann op eng méi spilleresch Aart a Weis wou si méi motivéiert sinn an net um Pabeier ëmmer musse Fichë maachen. Wou se kenne Punkte sammeln an dann herno e Spill do fräigeschalt gëtt. Sou eppes wéi dat denken ech mol e bëssen. An dann och am Däitschen, dass si do einfach sou Aufgabe kenne widderhuelen an och weider nei Saache léieren, wou si mat Erklärungen dobäi weider sech kenne bilden oder voilà, weiderfueren. An wou se dann eben op enger Tablett oder sief dat och um Computer kennen esou Saache maachen. An och Doheem, zum Beispill, wann een dat net huet um Handy einfach iergendeppes wat mat Medien ze dinn huet, wou een Accès drop huet.</p> | <p>B</p> <p>B</p> <p>B</p> <p>B</p> |
| 9 | I | <p>Jo. Dat war och esou e bëssen dat wat ech, also eigentlech sou vun Definitioun och duerch meng Recherchë fir d'Bacheloraarbecht eraus fonnt hunn. T'ass einfach effektiv du schaffs mat de Videospiller oder Computerspiller an doduerch, dass de domadder schaffs léiers de och doduerch. An et ass eben, dass et fir Bildungs- a Léier-Zwecker genotzt gëtt. An, dass et</p> | |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | <p>änner pädagogescher Betreuung an engem och pädagogesche Kontext stattfënnt. Mee, jo t'ass e bëssen dat wat s du och gesot hues. Dann nach eng Fro. Hues du selwer Erfahrung mat Videospiller?</p> | |
| 10 | B | <p>Mat Videospiller wierklech net. Ech si grouss gi just mam "GameBoy" an dat war alles wat ech hat, soss guer näischt esou Doheim. An ech si fuerchtbar schlecht an allem wat sou mat Videospiller esou eppes ze dinn huet. An et ass och wierklech guer net mäi Flipp. Also vun do hier, nee. Mais awer sou Saachen elo wéi "Anton", zum Beispill, wou ech awer dann, wou ech an der Schoul schonn agesat hunn, dat jo. Mais awer ech perséinlech elo éischer net.</p> | C |
| 11 | I | <p>Okay. An och um "GameBoy" wat waren dat elo éischer sou Spiller wou s de gespillt hues?</p> | |
| 12 | B | <p>Dat war wierklech sou richtig, also sou reng Spiller à la "Tetris". "Buggs Bunny". Esou Gedeessesems. Awer do war näischt mat engem pädagogesche Konzept hannendrun oder sou.</p> | C |
| 13 | I | <p>Jo. Also bei "Digital Game-Based Learning" geet et jo un sech och drëms, dass de elo eppes wéi effektiv "Tetris" oder "Minecraft" oder sou hellst.</p> | |
| 14 | B | <p>Well ee logesch denke muss. Wéi muss ech dat, d'Form dréine fir dass se passt an sou.</p> | |
| 15 | I | <p>Genau, voilà. T'ass de awer iergendwou Kompetenze fërders déi op de Plan d'Études zoutreffen, just, dass de</p> | |

| | | | |
|----|---|---|--------|
| | | et net mat engem Blat mëss, mee ebe mat engem Videospill dee Moment. Jo, Genau. | |
| 16 | I | Hues du selwer Kanner? | |
| 17 | B | Nee. | A |
| 18 | I | Nee. Wann s de elo Kanner häss, also stelle mir eis dat elo just fir an déi géife Videospiller konsuméieren, wéi géifs du dozou stoen? | |
| 19 | B | Ech denken dat ass eng Saach. Et kennt een hautdesdaags net méi sou richtig dolaanscht, awer dat misst scho wierklech mat engem Kader festgeluecht sinn. T'ass dat net Stonnelaang geet, mee dass een sech dat och muss vläit erschaffen. Dass een dierf op der Tablett spillen an, dass dat net eppes ass, wat een einfach all Dag sou mëscht. Ech denken och, wann ech vill mat den Elteren sou geschwat hunn, dass do mierkt ee verschiddener maachen dat dee ganzen Zäiten, si si virun der Tëlee oder si spille Spiller. An do kommen aner Saachen definitiv ze kuerz. Mee ech denken awer, dass mir hautdesdaags an enger Welt liewe wou d'Medien an sou an déi ganz Technik an sou eng grouss Roll spillen. An wann een do keng Anung vun Näischt huert, einfach dann ass een, kennt een einfach net no. | F F |
| 20 | I | Jo. Dat heescht t'ass fir dech elo méi sou d'Heefegkeet vun et elo am Alldag maachen oder och d'Inhalter, déi elo vermëttelt ginn? | |
| 21 | B | Also béides. | F |

| | | | |
|----|---|--|----------------------------|
| 22 | I | Béides. | |
| 23 | B | <p>Definitiv och d’Inhalter. Wann s de all Dag, also ech kucken einfach verschidderer wou sou ziele wat si sou am Dag gemaach hunn. Do sinn der déi spillen dann non-stopp „Minecraft“, mee awer sou einfach. Wou si mir sou zielen, dass si einfach sou entweder Missioune maachen oder wat och ëmmer. An dann anerer, wou ech awer weess, zum Beispill, wou ech elo mat de Mammen an de Bilansgespréicher geschwat hunn, wou eng sou. Normal Spiller dierfen se zum Beispill dann eng 20 Minutte spillen an dann awer sou Spiller, wou e pädagogesch Ziel hunn sou, dat dierfen si vill méi laang spillen. Also vun do hier denken ech, dass et wierklech wichteg ass, éischtens geet et net nëmmen em d’Qualitéit vu wat se maache mee och d’Quantitéit. Déi zwou Saache spillen eng Roll.</p> | <p>F</p> <p>E</p> <p>E</p> |
| 24 | I | Déi zwou zesummen? | |
| 25 | B | Jo. | |
| 26 | I | Jo. Hues du schonn Erfahrung mat „Digital Game-Based Learning“? Also hues du schonn iergendwéi, ech soen elo digital Spiller oder souguer Video- oder Computerspiller an dengem Unterrecht ugewant? | |
| 27 | B | Nee. Also wierklech sou richteg Spiller, net nee. Et war éischer sou, wéi ech virdru gesot hat, mam "Anton", dass de da Punkte sammels an da kanns de e Spill maachen, wat dann och e bëssen. Also ech hunn net all Spiller bis elo, wat si sou fräigeschalt hu wou ech scho gesinn hunn. Ech hu bei verschidderen einfach | |

| | | | |
|----|---|---|--|
| | | <p>heiansdo sou iwwert d'Schëller gekuckt an do waren och Saachen sou wou ee muss einfach e bësse méi logesch denke bei de Spiller sou. Et war sou eng Zort "Tetris" an sou dobäi, also dat heescht et sinn och schonn esou Spiller dobäi. Mee awer, dass et wierklech e rengt Spill ass wat een sou mäschet ouni, dass ee vir dru geschafft huet fir sech e Spill sou z'erschaffen, dat hunn ech net gemaach, nee.</p> | |
| 28 | I | Nee? Okay. | |
| 29 | B | <p>Ech hunn awer eppes erëm fonnt wat ech gemaach hat, wou ech an enger anerer Schoul war. Do war, mir haten sou eng Geschicht geschriwwen an dann hu mir dozou mat Männercher d'Geschicht nogespillt. An dann, voilà hu mir dat sou als klenge Film sou lafe gelooss. Dat hunn ech erëm fonnt. Mee dat, zum Beispill, ass esou laang hier an do war ech an enger Formatioun. An dat hunn ech do dee Moment hikritt, mee dat weess ech elo net méi wéi een dat mäschet, ne.</p> | |
| 30 | I | Jo. Okay. A dat ass awer flott. | |
| 31 | B | Jo. | |
| 32 | I | <p>Dat ass och eng flott Méiglechkeet. Dat has de elo schonn zum Deel ugeschwat, ob d'Kanner hei an der Klass och scho Videospiller spillen oder Computerspiller. An hues du do scho matkritt a wéi eng Richtung déi Spiller ginn oder ob konkret Nimm esouguer vläit oder em wat et do geet?</p> | |

| | | | |
|----|---|---|----------------------------|
| 33 | B | <p>Also wat ech weess ass mol "Minecraft". An dann. Bon ech hunn och scho vu "GTA" an sou Saachen héieren. Wat definitiv net dem Alter ugepasst ass. Mee, da voilà, wann d'Eltere mir soe "jo mee mir setzen niewendrun" oder "mir spillen zesummen" oder wat och ëmmer. Mee soss, weess ech elo net direkt wat fir eng Spiller si sou spillen.</p> | <p>E</p> <p>F</p> |
| 34 | I | <p>Okay. Wéi bewäerts du perséinlech de pädagogesche Wäert vun digitale Léierspiller bezéiungsweis, also wat fir eng Virdeeler gesäis de dran a wat sinn elo éischer Bedenken, déi s de bei deem Ganzen hues?</p> | |
| 35 | B | <p>Ech denken, t'ass schon, dass Kanner wou vläit am normalen, wann si hier Aufgabe musse maachen, Schwierigkeiten hu vun do eng aner Approche dozou hunn an einfach vläit d'Motivatioun méi héisch ass fir do ze spillen an dann dobäi Saachen ze léieren. Dat heescht dat denken ech ass schon e Virdeel. Bei mir wier et einfach elo wierklech, ech sinn net esou wansinneg bewandert doranner, dat heescht ech misst do och extrem mech eraschaffe wat iwverhaupt et vu Saache gëtt, wat um Marché ass. Fir wat fir een Zweck et asetzbar wier. An dann, jo. Ech denken och. Mir sinn schon ëmmer sou am Stress fir de ganze Programm duerchzekerien. T'ass ëmmer schwierig fir dat dann och nach anzeglidder. Et ass machbar, mee dann awer net wansinneg vill. Dat heescht, dat wier dann och eppes wou si Doheim vläit missen e bëssen nach och maachen, well einfach vun der Zäit hier. Ech denken. Et ass ëmmer alles e bësse just just, also.</p> | <p>H</p> <p>O</p> <p>P</p> |
| 36 | I | <p>Jo. Fills du dech genuch ennerstëtzt fir et eventuell eng Kéier kennen emsetzen den „Digital Game-Based</p> | |

| | | | |
|----|---|---|--|
| | | Learning“? Also elo sou wuel vun de Ressourcen hier, wéi och vun, ech soen elo, der Direktioun aus oder vum Kollegium, vun den Aarbechtskolleegen allgemeng? | |
| 37 | B | <p>Also ech denken d'Formatiounen zu dem Thema, ech weess net op et dat gëtt oder net, dat hunn ech mech nach net informéiert. Mee mir haten elo zum Beispill fir "Coding", wou mir Formatioune haten. Wou ech matgemaach hunn. Wou mir zwar wansinneg vill geléiert hunn an et waren och wierklech flott Saachen dobäi. Problem hei awer am Gebai zum Beispill ass, bon et gëtt jo elo renovéiert, mee Internet hei bannen ass extrem schlecht. Dann hu mir sou verschidden, sou déi, ech weess net wéis de et nenns, déi kleng Computeren do, wou s de kanns fir lénks a riets beweegen sou, hu mir e puer. Mee mir hunn net wansinneg vill. Dat heescht, do ass awer och e bësse vu Material hier wou awer och feelt. Vun Kolleegen denken ech och dass se. Mir hunn awer verschiddener hei wou wierklech an der Technik do vill méi bewandert sinn an déi wäre scho frou wann een se freet a fir do eng Hand mat un ze paken, well si einfach déi Saachen extrem gär maachen. Also vun do hier. Ech denken do géif ee schonn Ënnerstützung kréien. Awer et ass, ech weess net. T'ass awer e bësse schwiereg fir vum Material hier scho wierklech méi enk bemoosst ass. Bon mir kruten nei Tabletten, dat heescht mir hunn e bësse méi elo kritt, mee. Mir sinn awer do schonn e bësse limitéiert.</p> | |
| 38 | I | Jo, okay. Dat heescht du bedauers un sech wierklech dee Stock u Material fir et elo, jo ech soen elo, alldeeglech spontan mol kennen ëmzesetzen? | |

| | | | |
|----|---|---|---|
| | | war? Awer elo a punkto eppes elo vläit besser verstanen oder besser beherrscht? Jo oder nee oder? | |
| 43 | B | <p>Also, ech denke schonn, well s de dann. Zum Beispill, elo dat lescht wat mir gemaach hunn, waren d'Multiplikatiounen, dann hues de zu all Multiplikatioun och d'Bild dobäi faarweg, wou si einfach eng Erklärung dobäi hunn. Visuell Hëllef dobäi. Dat hunn si natierlech um Blat am Ufank och, mee awer dat mëss de dann, keng Anung soe mir elo, zu Aféierungszäiten. An dann herno mëss de dat awer och ouni an do hunn si wierklech, wann si et net verstanen hunn, da kennen se et nach eng Kéier maachen, wann si et net verstanen hunn. Also do hunn se wierklech vill Méiglechkeete plus t'ass einfach natierlech op der Tablett, mat de Faarwen an sou, dat ass extrem uspriechend. Ech mierken do schonn eng Differenz. Einfach Kanner wou vläit éischer heiansdo erschloe sinn, wann si Blieder musse maachen an da wann si gesi wat si alles musse maachen, well si dat direkt op den éischte Bléck gesinn an do kënnt ëmmer eng Aufgab no där nächster. Dat heescht et ass schonn do, wou e Virdeel ass. Plus einfach, t'ass de Fait einfach fir eppes taktiles ze hunn, wou si kennen do upaken a wou si kennen domat schaffen, wat si scho vill puscht an der Motivatioun, do gesäit een e risen Ënnerscheid. An dann eben och wierklech, well si zum Beispill beim "Anton" maachen si hier Aufgaben an dono hunn si den Test. Wann si alles richteg hunn, hunn si jo déi Kroun an do sinn si wansinneg stolz, wann si do déi Kroun hunn. An dat ass jo wierklech vun Aufgaben och opgebaut, t'ass vu méi einfach op méi schwéier Saache kommen, wou si dann nach eng Kéier d'Widderhuelung hunn an da bei déi méi schwéier</p> | <p>J</p> <p>J</p> <p>J</p> <p>J</p> <p>J</p> <p>J</p> |

| | | | |
|----|---|---|---|
| | | <p>Saache kommen. An dann eben, wann si gesinn „okay ech hunn alles richteg“, dat puscht si da schonn extrem.</p> <p>An da sinn si och wierklech beim Test wou si deelweis méi oppassen, wéi wann se einfach d’Blat hu wou se einfach alles muss schaffen a wann si fäerdeg sinn, mir et ofginn. Also vun do hier. Och wa mir, keng Anung, dat zesumme maachen, e Blat, soen ech elo, en Aarbechtsblat oder mir schaffen un der Tafel zesummen. T’ass schonn, Kanner wou motivéiert sinn, sinn och da motivéiert. Mee t’ass éischer bei deene Kanner wou bei der normaler Form sou e bëssen, Aarbechtsform, sou Blieder schaffen oder am Buch schaffen, wou do e bëssen d’Motivatioun e bësse feelt, dass si do awer méi mat Motivatioun dobäi sinn. Also dat gesäit ee schonn.</p> | J |
| 44 | I | <p>Jo. Dat heescht, also un sech kann ee soen, et ass well si elo bei Blieder schreiwen, do ass jo ëmmer sou deen "Double-Tâche"-Effekt, dass si sech visuell Orientéieren, t’ass dat Schreiwen, t’ass dat Graffo-motorescht a beim Tablett, soen ech elo mol, do ass jo just tippen. Do ass et wierklech just vergläiche mat deem wat, d’Bild wou ech am Kapp hu, passt dat.</p> | |
| 45 | B | <p>Jo. An dann ass nach, do ware jo och Aufgabe wou nach e puer Méiglechkeete sinn, da muss een déi richteg Aufgab dohinner zéien oder dat richtegt Ergebnis tippe wat och ëmmer. T’ass einfach, t’ass extrem ofwiesslungsräich wat si och musse maachen an dat mëscht hinnen einfach Freed. An bei deem aneren ass et d’Rechnung steet do an et muss een d’Resultat ginn oder sou. T’ass awer ëmmer méi dat selwecht. T’ass méi änlech an hei ginn et wierklech vill aner Weeër fir dat ze maachen. Ech hat och elo</p> | |

| | | | |
|----|---|---|--|
| | | <p>da kéint decidéieren ob dat elo eppes ass, wat ech géif méi mech wéilten informéieren oder net. Well sou, à la base scho, mee da mussen dat och Saache si mat deenen ech mech dann iergendwéi wuel fillen a wou ech eens ginn domadder an sou. Dat heescht, wann ech do géing gesinn dass dat och fir mech wierklech en Atout wier an eppes Neies a wat mech e bésse "challenged". Dann, voilà, da schonn, jo. Mee ech kéint elo net direkt decidéieren, dat ass eppes wou ech elo géif 10, 15 Formatioune maachen, jo oder nee. Ech misst do wierklech eng maache fir wierklech dat Ganzt hannendrun ze gesi wat et vu Méiglechkeete gëtt, well mäi Wëssen do awer zimmlech ageschränkt ass. An dann, voilà, kéint ech do eng Äntwert ginn.</p> | |
| 52 | I | <p>Mee denks de allgemeng, dass vläit och d'Unzuel an och d'Form vun Angebot vun deene Formatiounen iergendeen Afloss allgemeng op d'Astellung vu Léierpersounen där Léierform géigeniwwer kéint hunn?</p> | |
| 53 | B | <p>Un sech schonn, well, soe mir sou, wann et eng Formatioun ass, wou méi praktesch orientéiert ass a mir maache selwer, mir manipuléieren d'Saache selwer, ass wierklech vill méi cool, wéi wann et méi theoretesch ass a mir gesinn alles, soe mir, um Bildscherm oder sou, an enger "PowerPoint-Show" a mir manipuléieren et net selwer. Also ech mengen et ass jo scho wierklech vill méi uspriechend. An dann eben ass et just den Dégens voilà, dass et souvill Saache wou mir eis da selwer kafen einfach well sou elo net d'Angebot an der Schoul ass. T'ass mir dat kennen e bëssen uwenden. Mee t'ass awer schonn definitiv e groussen Ënnerscheid wéi d'Formatioun gehalen ass. Ob mir dat</p> | |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | <p>selwer elo kenne probéieren an austesten an, voilà, an sou a Gruppe schaffen. Well elo déi Formatioun mat "Coding" war esou an dat war genial. Also dat war wierklech cool. Et huet och vill bruet un sech. Mee mir hunn och vill Saache kenne geléiert wat elo fir déi méi Kleng waren. Dann hate mir sou Spiller, wat fir elo Cycle 2 gutt war an da waren och vill Saache wou ee scho gesäit okay wann ee méi wäit ass, da kann een nach hei an do maachen. Mee et war einfach wierklech cool, well mir et selwer gemaach hunn.</p> | |
| 54 | I | <p>Jo. An wann elo ee géif soen okay, ech weess net, an enger Woch kriss de fir deng ganz Klass iPaden zur Verfügung gestallt an du géifs gebiede gi mat engem, ech soen elo, mat engem richtege Videospill eng Unterrechtseenheet ze plangen. Denks du, dass du dech vill misst do era schaffen, souwuel an dat technescht wéi och an dat inhaltlecht vun de Spiller oder denks de nee du géifs dat schonn hikréien oder géifs de souguer soe wann ee mir elo eng Virlag géif ginn, eng preparéiert Stonn mat deem Spill géif et goen?</p> | |
| 55 | B | <p>Ech misst dat schonn Doheem testen. Also, do misst ech mech zwar scho vill eraschaffen, well ech einfach wierklech sou alles wat mat Technik ze dinn huet, si meng Kenntnisser awer méi "basic". An, voilà, da fillen ech mech net wuel fir virun der Klass dat ze vermëttele wann ech selwer net genau weess. An si si méi bewandert an der ganzer Technik wéi ech a wann si mir et da musse bäibréngen. Dat heescht, et wier scho vill Virbereedungszeit awer noutwendeg, dass ech awer wierklech kann op Froen äntweren, wann der kommen an hei an do. Dat wier scho méi, also et wier scho méi Aarbecht néideg. Jo.</p> | ○ |

| | | | |
|----|---|---|--|
| 56 | I | <p>Okay. Ginn et denger Meenung no kulturell oder vläit souguer institutionell Faktoren hei zu Lëtzebuerg, déi un sech déi Uwendung vun "Digital Game-Based Learning" e bësse bremsen? Also, dass ee vläit, ech weess net. Dass ee seet "jo d'Kanner setze schonn Doheem vill viru Bildschiermer, si mussen elo net och nach an der Schoul viru Bildschiermer setzen"?</p> | |
| 57 | B | <p>Sou denken ech eigentlech net, well herno mussen si och an der Aarbechtswelt, ass deck vill virum Bildschierm a si mussen einfach iergendwéi, si ginn domadder grouss. Et wier flott wann si Doheem elo net onbedéngt géife Stonnelaang virun der Tëlee setzen oder virun der Tablett setzen oder wat och ëmmer. Mee wann dat awer näischt ass, wat ee wierklech eppes ka bäiléieren an an der Schoul huet een aner Méiglechkeete wou een eppes bäiléiere kann, da fannen ech et e bësse "nonsense" ze soen "okay si sinn elo schonn Doheem souvill virun enger Tablett an an der Schoul maache mir dat guer net". Mee et sinn och vläit d'Elteren dann e bësse matzéien, well elo. Ech kann elo einfach just vun "Anton" soen, wou ech hinne gesot hu "voilà dir hutt deen heite Code, dir kennt och Doheem do schaffen". Sief dat op enger Tablett, sief dat um Handy, wat och ëmmer. An d'Eltere sinn do begeeschtert einfach. Dat heescht si géifen dat och Doheem uwenden einfach well si den Zougang dozou hunn. An wann een do mat esou Spiller, zum Beispill, géif fueren an da misst een natierlech och den Elteren de Sënn do hannendrun erklären a wann dat dann eppes ass wou si dann och Doheem kennen e bësse, zum Beispill, dat uwenden oder sou, dann denken ech, dass d'Elteren dann awer och esou Saache géife favoriséiere par Rapport zu traditionelle Spiller. Mee fir einfach ze</p> | |

| | | | |
|----|---|---|---|
| | | soen „nee dat, ech gesi kee Grond fir dat an der Schoul unzewenden, si sinn Doheem schonn ze vill drop“ oder sou. Dat gesinn ech elo net esou. T’ass wierklech bei mir éischer sou d’Kompetenzen, wou, jo. | O |
| 58 | I | Okay. Ginn et alternativ Methoden oder Technologië wou s du elo spezifesch fir dech preferéiers? Also wéi zum Beispill, ginn et bestëmmt pädagogesch Usätz wou s du sees „dat benotzen ech elo vill léiwer, well ech mech do méi wuel dra fille wéi elo eben ‚Digital Game-Based Learning‘ “? | |
| 59 | B | Also ech probéiere schonn iergendwéi d’Saachen e bëssen, also interessant fir d’Kanner ze maachen. Bei mir ass wierklech vill, ech schaffe mat de Fibelen wou mir hunn, mat de Bicher. Ech schaffe ganz vill mat Aarbechtsblieder wou ech dann ebe selwer maache wou och op all Blat wierklech ëmmer fir Motivatioun e "Pluto", e "Mickey" oder sou iergendeppes drop ass. Einfach scho vum Visuellen hier, well ech fanne wann et eppes ass wat mech usprécht, et sprécht si och un. Dat ass einfach schonn trotzdeem eng aner Approche par Rapport zur Aarbecht. Dann bon d’Tablett sou wou ech heiansdo benotzen, wat awer elo eréischt méi rezent ass. Well am Ufank hunn ech se net esou vill benotzt un sech an elo an der Lescht, wou ech dat awer probéiere méi anzebannen an den normalen Traintrain vun der Woch sou. An dann un sech wéi Computersall oder sou, do sinn ech, zum Beispill, elo éischer manner. Do hänken si een op deem aneren. Si maache Kaméidi. Ee kuckt beim aneren, do léist en sech extrem oflenken. Woubäi ech elo hei fir si mat der Tablett, zum Beispill, Kopfhörer kaf hu wou all Kand seng eege Kopfhörer huet. Wou se dann net vum Noper ofgelenkt | M |

| | | | |
|----|---|--|---|
| | | <p>ginn, wou se awer déi selwecht Méiglechkeeten hunn. Mee t'ass awer. Ech hunn éischer sou, dass ech vun de Formen, den Aarbechtsforme wierklech wiesselen am Grupp, aleng, zesummen an der Klass. Programmtechnesch differenzéiert schaffen, sou. Awer wa mir, zum Beispill, op der Tablett elo gemaach hunn, da waren och natierlech déi Kanner wou elo am Programm scho méi wäit waren, hunn dann och aner Saachen ze maache kritt wéi elo déi aner. Mee et ass awer soss éischer sou méi déi traditionell Aart wéi ech enseignéieren. Jo.</p> | M |
| 60 | I | <p>Dat heescht et ass elo net, dass de géifs soen okay du hellst dech elo à la Lettre, wéi zum Beispill, u Reggio oder et gi jo wéi vill sou pädagogesch Usätz wou ganz konkret, jo, Iddien eigentlech verfollegen.</p> | |
| 61 | B | <p>Nee, dat net. Also ech hunn elo wéi beim "Mila" ass jo och eng ganz Philosophie do hannendrun wou ech awer, zum Beispill, och net honnertprozenteg anhalen. Ech kucken. Mir haten elo vill mat der Joffer X zum Beispill och de "Lobo" wou mir gemaach hunn an sou. Wou mir do eis extrem drop baséieren. Awer et ass awer elo net, dass ech eng strikt, e strikten Déngens suivéieren a voilà. Ech passe mech ëmmer iergendwéi un, u wat grad usteet, wou d'Schwieregkeete sinn a probéieren do Saachen ze fannen.</p> | M |
| 62 | I | <p>Jo. Wou d'Kanner am beschten dee Moment uspriechen?</p> | |
| 63 | B | <p>Jo, genau.</p> | |

| | | | |
|----|---|---|----------------------------|
| 64 | I | <p>Okay. Jo, da géife mir eigentlech och schonn zum Schluss vun dësem Interview kommen. Wéi gesäis du allgemeng d'Zukunft vun "Digital Game-Based Learning" an de Grondschoulen? Also wat ass denger Meenung no, jo, wat muss geännert gi fir dass dat méi kéint an de Schoulen agesat ginn?</p> | |
| 65 | B | <p>Ech denke virun allem mussen mol d'Infrastrukture komplett do sinn an ëmmer funktionéieren. T'ass een sech einfach drop ka verloossen, dass de Wifi wierklech ëmmer geet. T'ass ee genuch Netz huet. Bon ech denken, dat ass jo elo mol deen éischte Schratt wou gemaach gëtt, well d'Schoul frësch gemaach gëtt. Ech ka jo elo just vun einfach vun eiser Schoul Z elo schwätze, mee ech denken, dass dat an aner Gebaier och esou de Fall wäert sinn. Wou d'Schoule méi al sinn. Dat heescht wierklech mol dat, dass dat wierklech en Place ass, also sur Place ass an dass dat funktionéiert. T'ass genuch Material do ass. Et muss jo elo net wierklech sinn, dass all Kand seng Tablett huet oder sou, mee awer t'ass awer einfach méi Material do ass. An dann. Ech denken dass och et vun de Formatiounen hier t'ass et wierklech wichteg ass dat dann, spezifesch Formatiounen dofir unzebidden. Dass een sech do méi informéiere kann. An bon mir hu jo och esou en. Wéi nennt een deen. „Instituteur“, t'ass net "Ressource". Ech weess net. T'ass ee wou ech weess wou een sech ka mellen, wann een sou Saache well maache méi mat der Tablett schaffen oder méi mat de Medie schaffen, wou laanscht kennt, wou engem och ënnert d'Äerm gräift, wann een sech domadder net wuel fillt. Voilà dat heescht dat hu mir. Dat ass jo wierklech scho mol ganz positiv. Mee t'ass awer e bëssen en Ëmdenken och bei de Leit eigentlech</p> | <p>N</p> <p>N</p> <p>N</p> |

| | | | |
|----|---|---|-------------------|
| | | <p>noutwendeg an dowéinst denken ech ass et wichtig wierklech vill Informatiounen ze gi wat et vu Méiglechkeete ginn, dass een och selwer de Choix maache ka wou ee sech am wuelste fillt. An dann do iergendwéi starte kann halt. Well t'ass jo wierklech en Dégens, dat ass elo sou nach net wierklech präsent am Kuer, also am Unterrecht an et misst jo dann iergendwou ufänken. An dann, voilà. Dat ass net méiglech wann een net weess op wat et baséiert, wat d'Zieler sinn an hei an do. Dat heescht do ass wierklech méi Opklärung am Ufank néideg an da voilà. Vlät och einfach, dass een zur Verfügung steet wou een sech melle ka wou och vlät am Ufank bei Stonnen dobäi ass bis een, voilà, t'ass bis een einfach do säi Wee fonnt huet an da kritt een dat och aleng hin. Mee sou Hëllef an Ënnerstëtzung am Ufank ass awer zum Beispill wierklech extrem hëllefreich.</p> | <p>N</p> <p>N</p> |
| 66 | I | <p>Jo, okay. An eben och, wéis de jo virdu scho gesot has, och e bëssen eng Panoplie u Spiller uginn, déi kéinte benotzt ginn a vlät och heiansdo sou e klenge Modell kuerz, wéi kéint dat oflafen, fir wat kéint een dat benotzen?</p> | |
| 67 | B | <p>Genau. Genau. T'ass een einfach wierklech weess wat een a wat fir engem Fall asetze kann. An eben och, ech mengen d'Kanner sinn net alleguerten um selwechten Niveau, wat et vun, ob et an engem Spill verschidde Schwierigkeetsgrade gött, soen ech elo mol. Oder ob et dann, wann deen ee wierklech vill méi wäit ass wéi deen aneren, ob dat da guer net méi kompatibel ass, dass se an deem selwechte Spill spillen oder, voilà. Also do muss ee scho vill Informatiounen kréien.</p> | <p>N</p> <p>N</p> |

| | | | |
|----|---|---|--|
| 68 | I | Majo da soen ech villmools Merci fir dëst interessant Gespréich an nach eng Kéier villmools Merci fir deng Zäit an och däin Interesse fir matzemaachen. | |
| 69 | B | Gär. | |
| 70 | I | An wann et dech interesséiert, kann ech dir och ganz gär d'Bacheloraarbecht zoukomme loossen, wann se fäerdeg ass. | |
| 71 | B | Gär, jo. | |
| 72 | I | An da soen ech dir vill villmools Merci an Äddi. | |
| 73 | B | T'ass Näischt. Äddi. | |